

dass ech dat haut muss soen, mä et ass haut d'Aktualitéit. Soss hätt ech gewaart domadder. Wann Dir sot, et ass onfair elo op eemol de Beamten ze soen, déi géinge jo hiert Beschtt ginn. Hu mir jee dorunner gezweifelt?

A fir déi dräi Steueradministratiounen, vun deenen ech elo grad geschwat hunn, hunn ech mech agesat, dass d'Loi organique, déi si betrëfft, och muer eng Proposition de loi kritt, déi hinne Genugtuung gëtt. Et ass also garantéiert net, dass ech mat der Aarbecht vun der Steierverwaltung net averstane wier.

### **(Interruption)**

Ech och! Also kann ee mir net virwerfen, ech wier net zefridden. Et ass nämlech en ausseruerdentleche Virgank, wann eng Fraktioun, besonnesch an der Oppositioun, higeet an eng Proposition de loi mécht, fir eng Loi organique ze änneren, wou déi Leit, déi do schaffen, Verbesserungë kréien. Dat ass en ausseruerdentleche Virgank, deen Dir mir, Här Weiler, net kënnt aus der Vergaangenheet zitëieren. Ech soen lech, et gëtt en op jidde Fall net.

An da muss ech soen, genau an där Verwaltung, där hir Aarbecht ech schonn e puermol apprécieiert hunn, ass et net de Feeler vun de Beamten, wann een higeet an et gëtt een deenen net dee Service informatique, dee se néideg hunn. Eng Verwaltung, déi iwwer 600 Beamten huet a kee seriöse Service informatique huet, keen Helpdesk huet, guer näischt huet, wou wëlle mer da vun deene verlaangen, dass se muer online sinn. Dat ass net d'Fro vun de Beamten. D'Beamte si frou, dass se hir Aarbecht gemaach kréien, a si hu ganz vill Aarbecht.

De Finanzminister weess säit laangem, dass en drastesch Moossnamen do ze huelen huet. Et geet och net duer, fir ze soen, dat braucht alles seng Zäit. Dir waart zu Feira, mä ech weess net ob Der zu Lissabon waart. Zu Lissabon ass en Engagement geholl ginn, an net fir d'Joer 2050, wéi Der heiansdo d'Tendenz hutt ze schwätzen. Enn 2002 hu wa méiglech sämtlech Servicer 100%eg online ze sinn. Net méi an net manner ass do verlaangt ginn. Do sinn Terminer gesat ginn, do ass net gedoktert an Aufsätz gemaach ginn iwwer Saachen, déi an zéng Joer ze geschéien hunn. Do ass en Datum gesat ginn, an dat ass Enn 2002.

A wann ech feststellen, dass mer elo, ee Joer virun Enn 2002, hei behaft si mat engem Budget, deen a mengen Aen d'Solutioun net dozou bréngt, da soen ech mer, och Enn 2002 brénge mer et net fäerdeg, eis anstänneg ze placéieren. An dat, Här President, an enger Zäit, wou mer jo awer unerkanntenermoossen eng extrem gesond finanziell Situatioun hunn.

A mir bréngen et an där Situatioun net fäerdeg, eis Statsverwaltungen esou ze équipéieren, dass se mat deenen anere Verwaltungen kënnen a Konkurrenz trieden. Mir schneide schappeng of an enger Period, wou

mer extrem vill Suen hunn. Wat geschitt da muer, wa mir wierklech emol eng Kéier budgetär Problemer hunn? Wat waren dann eis Atouten? Hei schéngt jidderee sech drop ze beschränken, d'Atouten nach just am Steierwiesen ze gesinn a vläicht nach an den Tauxë vun der Sécurité sociale, déi relativ niddreg sinn.

Eis Atoutë mussen anerer sinn. Et weess ee jo net wéi déi Situatioun sech muer entwéckelt, an da muss dat Land an enger Period, wou et vill Suen hat, sech esou virbereet hunn op eng Period, wou et vläicht manner Suen huet, dass et besser équipéiert ass. A wat muss een anescht maache wéi seng Bildung verbessern? Et muss ee staark um Niveau vu sengen Infrastrukture sinn. Dozou gehéiert de Verkéier, an do verseet d'Regierung total. An et muss een och staark sinn um Statsapparat, dat heescht, deene Verwaltungen, déi een huet. Wann een dat net mécht an Zäite wou ee Suen huet, wéi soll een et da maachen an Zäite wou ee keng Suen huet?

An dat ass muer den Atout firwat dass eng Entreprise nach vläicht heihinner kënnt. Mir sinn amgaang, déi Atouten do ze verschwenden. Net méi an net manner wollt ech soen, Här President.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** Domat wier dee Punkt ofgeschloss. De Vote iwwert de Budget an iwwert d'Motiounen, déi während der Debatt abruecht gi sinn, geschitt an der Sitzung vum nächsten Donneschdeg.

Mir kommen elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4826 iwwert den Iwwerschoss vun de Budgetsrecetten aus dem Joer 2000. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et sinn ageschriwwen: déi Häre Bodry, Rippinger, Gibéryen, Bausch, Bisdorff a Krecké.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Weiler.

## **4. Projet de loi 4826 sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2000**

### ***Rapport de la Commission des Finances et du Budget***

**M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet iwwert d'Affektatioun vun den Excédente vun de Recetten ass u sech manner spannend, wéi de Chiffer ëm deen et geet eigentlech géif misse schlësse loossen. Et geet ëm ee ganz héije Montant, mä en cause ass schlussendlech nëmmen d'Affektatioun vun deene Gelder, dat heescht, dass mer soen, wat mat deene Gelder soll geschéien.

Ronn 30,7 Milliarden u Plus-valuen, dat ass net näischt. Et muss ee kucken, wou kommen déi Plus-valuen hier. Mir wëssen, dass am Joer 2002 d'Lëtzebuerger Economie geboomt huet, net nëmmen d'Lëtzebuerger

Ökonomie, mä och déi an Europa a weltwäit, mä virun allem och zu Lëtzebuerg. Eis Wirtschaft ass ëm 8,5% gewuess. Op där anerer Säit ass den Aarbechtsmaart ëm 6% gewuess, esou dass een opgrond vun där wirtschaftlecher Situatioun hätt kënne a misse gesinn, dass et zu Plus-wäert kéim. Allerdéngs wësse mer, dass bei deene Gelder, ëm déi et hei geet, mir an der Budgetsphilosophie nach waren an den Zäite vun der Norm, wou mer d'Norm nach méi strikt applizéiert hunn an eis doru gehalen hunn.

Mir wëssen zënter dem leschte Joer, dass fir d'Budgeten 2001, 2002 d'Regierung eng manner restriktiv Approche huet, wat d'Aschätzung vun de Statsrecetten ubelaangt an deementspreechend wäert et ganz sécher, an déi éischt Previsiounen loosse drop schléissen, fir d'Joer 2001 net méi zu esou héijen Excédente kommen, wéi dat de Fall war.

Ech hunn lech Grënn geléiwert, wéi mer hei zu esou engem extrem héije Betrag koumen. Mir haten dat Joer virdru 17 Milliarde Plus-wäert. Mir hunn der elo 30,7. Dat explizéiert sech virun allem duerch dat Boomjoer, virun allem och dem Boom op de Boursen, dee mat sech bruecht huet, dass verschidde vun de Recetten, déi de Stat huet, verglach mat deem Joer virdru, vill méi séier an d'Luucht gaange sinn. Wann ee sech e wéineg d'Chiffren ukuckt a kuckt wou déi haaptsächlech Poste sinn, wou méi Geld erakomm ass, da gesäit een, dass eleng wat d'Taxes d'abonnement ubelaangt, mir dat Joer virdru véier Milliarden haten an dëst Joer sinn et plus ou moins aacht Milliarden, déi u Mehreinnahmen erakomm sinn.

Mir hu bei der TVA praktesch 1,5 Milliarde méi. Mir hunn eisen Deel aus de Recettë vun der Union économique belgo-luxembourgeoise kritt: 2,5 Milliarde weider. Selbstverständlech och bei den direkte Steieren ass et méi gi wéi dat, wat geplangt war. Dat ass jo och gutt esou.

De Budgetminister huet an deene leschten Deeg e puermol gesot, wa vill méi Geld erakënnt, da kann ech en fin de compte eng Kritik acceptéieren an deem Sënn, dass mer gesot gëtt, ech hätt d'Recetten net 100%eg gutt ageschat. Ech ka besser mat där Kritik liewen, wéi wa mer déi dote Recetten net hätten.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Et muss dach ee Mëttelwee ginn.

**M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.**- Dat ass net ganz falsch. Mir haten déi do Diskussioun schonn an all deene Joren, wou mer mateneen an enger Koalitioun waren. Et ass ëmmer d'Fro vum Mëttelwee.

#### **(Interruption)**

Ech hat d'lescht Joer, Här Asselborn, d'Recherche gemaach. Et ware Joren derbäi, och an der schwaarz-rouder Koalitioun, wou mer ganz héich derniewent geleeën hunn. Dat ass nun ebe keng exakt Theorie.

**M. Jean Asselborn (LSAP).**- Et ass eng Fro vum gudde Wëllen.

**M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.**- Här President, ech weess net, wouan den Här Asselborn de gudde Wëlle gesäit. Ech weess, dass déi Koalitioun ëmmer gudde Wëllen hat, mä et ass net alles riicht gerass, wat se sech an deene fofzeng Joer virgeholl hat. Villes ass gutt gaangen. Et ass och emol heiandsdo eppes derniewent gaangen. Dat ass normal esou am politesche Liewen, mä wann de gudde Wëlle sech soll an de Chiffren ausdrécken, da muss ech soen, da waren och Joren derbäi, wou vill gudde Wëlle bei deene Regierung war, mä et waren der awer och derbäi, wou es manner war. Mir haten ufanks den 90er Joren, mengen ech, emol eng Kéier zéng Milliarde Plus-wäert. Haut hu mer der 30. Ech gi gärén zou, dass et eng Differenz ass, mä ëmmerhi fir déi Zäit war dat och scho ganz vill Geld.

Ech hunn lech déi Beräicher genannt, wou déi gréissten Excédente geschafe gi sinn. Wat elo d'Affektatioun ubelaangt, proposéiert d'Regierung, esou wéi se dat och d'lescht Joer gemaach hat, fir dee ganze Betrag an d'Investissementsfongen ze ginn an haaptsächlech an déi Fongen, déi am meeschte Belaaschtungen hunn, notament déi Fongen, déi ugesiedelt si beim Ministère vun den Travaux publics fir Schoulen, fir Stroossen, fir Kliniken, fir all déi Infrastrukturen, déi mer baue mussen. Och aner Fonge gi zerwéiert. A wéi engem Mooss an a wéiwäit deen een elo zerwéiert gëtt an deen aneren net, do kann een heibanne verschiddenen Appréciatiounen héieren.

Ech denken, an d'Regierung huet dat och esou begrënnt, dass se hir Affektatiounen esou gemaach huet, andeems se gesot huet, mir gi prioritär an déi Fongen, wou mer wëssen, dass an deem nächste Joer déi meeschten Dépenses op eis duerkommen a wou och emol deen een oder deen anere Fong kënnt sinn, dee géif riskéieren an Engpäss ze kommen an net méi déi noutwendeg Gelder ze hunn, fir sengen Engagementer nozekommen.

Et kann een eng verschidde naarteg Approche hunn, wéi ee soll d'Affektatioun maachen. Mir si prinzipiell mat deem d'accord, wéi d'Regierung et proposéiert huet, an deementspreechend géing ech lech och proposéieren, de Projet de loi, esou wéi e virläit, ze stëmmen, net well mir d'accord sinn, mä well mir mengen, dass et déi richteg Affektatioun sinn.

Erlaab mir kuerz, Här President, am Numm vu menger Fraktioun, well mir kee Riedner hunn, just e puer Wuert ze soen.

30,7 Milliarden. Mir hunn déi lescht Woch driwwer geschwat am Kader vun den Debatten iwwert de Budget. Et gëtt ganz oft dobaussé gesot, mä d'Keesse vum Stat lafen iwwer. A wann een haut elo dee Projet iwwert d'Affektatiounen gesäit, da kënnt een effektiv där

Meenung sinn. Et ass awer net esou. Mat esou krasse Sloganen, wéi d'Keesse vum Stat lafen iwwer, kann een net einfach esou operéieren.

De Budgetsrapporteur hat eis hei mat Chiffre ganz prezis beluecht, wéi et ëm eis Investissementsfonge steet. Et si jo dat awer déi grouss Elementer mat deene mir hei am Land schaffen, fir eben déi Infrastrukturen, déi vu jidderengem gefrot a verlaangt ginn, ob dat Schoulen, Kliniken, Altersheimer, Eisebunn oder aner Infrastrukture sinn, ze bezuelen, well déi gi jo iwwert dës Fonge bezuelt.

De Budgetsrapporteur hat ons gesot, wa mer keng weider Dotatioune méi géife maachen, da wäre mer am Joer 2002, respektiv wa mer nëmmen déi Dotatioune géife maachen, déi am Budget virgesi sinn, am Joer 2005 schonn um Enn mat deene ville Gelder, déi mir an eise Fongen hunn, well mer nun eben emol extrem vill Projeten an och ganz deier Projeten hunn. Ech denken eleng un all déi Projeten, déi am Beräich vun de Klinikinfrastrukture sinn, déi iwwerhaapt nach net alleguer ofgedeckt sinn, de loin net ofgedeckt sinn duerch déi Gelder, déi am Fong fir de Finanzement vun de Spidolsinfrastrukture dra sinn, esou dass ee soll ganz virsiichteg mat Formulen ëmgoe wéi de Stat hätt jo vill Geld. De Stat huet Geld, mä de Stat huet knapps genuch Geld, fir dat ze bezuelen, wat mer eis alleguer gemeinsam virgeholl hunn, nämlech dat Land hei infrastrukturell esou virunzebréngen, wéi et noutwendeg ass a wéi och déi wirtschaftlech Gegebenheeten et de Moment verlaangen.

D'Fro vun de Prioritéiten. Ech denken, dass de François Bausch als Vertrieeder vun deene Gréngen dat e bëssen anescht gesäit, net esou séier hei Besoine gesäit fir de Stroossebau, mä dee wahrscheinlech seet, déi Kreditter brauche mer net do an do, mä leet déi a Fongen, déi mir méi um Häerz leien. Do ka jidderee seng Meenung hunn, mä et bleift eng ënnert dem Stréch iwwreg, Här President: Dat Geld, wat mer hei hunn a wat mer wëllen an d'Fonge ginn, dat kënne mer nëmmen eemol ausginn. Dat hu mer nëmmen eng Kéier zur Verfügung, contrairement zu deem, wat anerer fuerderen.

Här President, Dir erlaabt, dass ech op de Rentendësch eng Minutt zrëckkommen, wou praktesch Fuerderungen a bal fënnef Milliarden Héicht waren, déi op de Statsbudget sollten duerkommen, supplementar Prestatiounen, wat eng jährléich Belaaschtung vu 4,8 Milliarden ausmécht, a wéi ech héieren hunn, d'Fuerderung war, d'Cotisatioune vum Stat an der Sécurité sociale, wou jidderee vun de Partner 8% bezillt, ëm 1% weider an d'Luucht ze setzen, wat nees eng Kéier dräi Milliarde kascht hätt – ech hunn dat net ausgerechent, mä ech hunn dat an der Zeitung vun deene Leit gelies, déi dat fuerderen –, eleng, Här President, déi do zwou Fuerderungen, dat si praktesch aacht Milliarden.

Kënnt derbäi, dass e Fong fir d'Ofsécherung vun de Pensiounen am Privatsecteur gefuerdert gëtt. Een neie Fong, wou Gelder sollen dra kommen. An et ginn och nach méi Gelder fir d'Gemenge gefrot. Véier Elementer hunn ech opgezielt: 4,8 Milliarde supplementar Verbesserunge fir d'Pensiounen an d'Renten am Privatsecteur, 1% Cotisatioun weider. Dat sinn 3,78 Milliarden. Dann nach e Fong fir d'Pensiounen an e Fong fir d'Gemengen, da si mer licht gären op zéng Milliarden.

Jo, Här President, wann een dat do wëllt, an doriwwer kann ee jo streiden, da gëtt et awer aner Saachen, déi net méi ginn an déi een net méi ka maachen. Zéng Milliarden, dat ass kee Pappestill, a wann ee seet, et wëllt een déi esou ausginn, da muss een op där anerer Säit och soen, wou ee bereet ass, Ofbréch ze maachen. Ech gesi fir eis, Här President, keng Plazen, wou mer Ofbréch kënnte maachen. Mir wëllen, dass de Fong fir de Stroossebau esou dotéiert bleift, wéi en eben emol ass. Mir wëllen, dass datselwecht fir d'Schoule geschitt. Mir wëllen, dass deemnächst de Fong iwwert de Finanzement vun de Spidolsinfrastrukturen supplementar dotéiert gëtt, well op deen an deenen nächste Joren onheemlech vill Ausgaben duerkommen. Aus deene Grënn, an dat kënnt op dat eraus, wat ech virdu scho gesot hunn, ass eis Fraktioun mat deene Propositionen d'accord.

Ech wollt just eng Fro stellen: Den honorabelen Här Bodry hat d'Iescht Joer am Kader vun dësen Debatten eng Remarque gemaach, wou e gesot huet, mä muss een dann ëmmer all d'Geld an d'Fonge ginn, kënnt een net och emol en Deel vun deem Geld huelen, fir en Deel vun deenen Engagementer, déi de Stat notamment vis-à-vis vun de Gemenge huet a wou ganz héich Retarde sinn am Ausbezuelen, anzuléisen. De Stat engagéiert sech, wéi Dir jo wësst, fir um Bau vun enger Schoul oder enger anerer Infrastruktur ze participéieren, an déi Participatioun, déi kënnt net esou séier wéi d'Gemenge sech dat erwaarden, well eben deen eenzelne Ministère net ëmmer déi noutwendeg Kreditter huet an deementspreechend sinn hei relativ héich Retarden opgelaf. Ech weess, dass d'Regierung, awer ech weess net, op et op Grond vun der Initiativ vum Här Bodry war, iergendwann doriwwer diskutéiert huet a gesot huet, mir wëllen, dass déi Retarde bei de Gemengen opgeschafft ginn.

Meng Fro: A wéiwäit ass dat geschitt? Ass, no deene Verspreechen, déi de Stat vis-à-vis vun de Gemengen gemaach huet, eng supplementar Partie méi schnell honoréiert ginn, wéi dat de Fall gewiescht wär? Steet nach viles op bei de Gemengen? Fir de Fall, wou dat sollt sinn, géif ech vun eiser Säit aus d'Recommandatioun maachen, wann et sech sollt eraustellen, dass do nach Retarde wäeren, wat ech net weess, vläicht weess den zoustännege Minister et, dass

een dann awer d'nächst Joer effektiv emol eng Kéier géif higoen an et géif een déi eng oder déi aner Milliard net huele fir se a Fongen ze investéieren, mä se einfach de Gemengen zoukomme loossen, déi schlussendlech Engagementer agaange sinn, gebaut hunn, bezuelt hunn an déi dee versprochenen Deel nach net erakritt hunn.

Ech mengen, dat wär eng Fro, déi een och am Interesse vun de Gemenge sollt eng Kéier wierklech am Detail nokucken. A wann dat esou ass, dann denken ech, hätt och de Budgetsminister näischt dergéint, wann do wierklech nach eppes wär, wat net an der Rei wär, fir dat iwwert dee Wee an d'Rengt ze bréngen. An deem Sënn, Här President, bréngen ech d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

### *Discussion générale*

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass déi zweete Kéier wou d'Chamber iwwert de Wee vun engem Gesetz, iwwert d'Affektatioun vun de sou genannte Plus-valuen decidéiert. Decidéiert ass e grousst Wuert an deem Sënn, dass des Chamber-majoritéit et ähnlech mat den Affektatiounen vun de Plus-valué mécht, wéi se et mam Statsbudget mécht. Dat heescht, si hält d'Regierungsvirschléi zur Kenntnis, diskutéiert se a stëmmt se dann och ouni nëmmen ee Jota dorun ze änneren.

Wann een déi Praxis sech virun Aen hält, da freet ee sech, wat et dann elo praktesch bruecht huet, fir eng aner Prozedur anzeféieren, wéi dat déi Jore virun de Fall war. Am Endeffekt ass d'Resultat datselwecht. D'Virschléi vun der Regierung ginn esou duerch, wéi wa se d'Décioun ganz eleng geholl hätt. Si brauch d'Chamber net.

Ech géif mir wënschen, dass niewent deene reng formalistesche Prozeduren, ob et effektiv oder legislativ ass, fir iwwert d'Affektatioun vun esou Zommen ze decidéieren, d'Chamber als Ganzt géif méi eng aktiv Roll spillen, an dass se sech mat deene Froen, déi den Här Weiler elo am Numm vun der CSV-Fraktioun ganz zum Schluss vu senger Interventioun opgeworf huet, déi en iwwregens erausgepléckt huet aus menger Ried vum leschte Joer, am Laf vum Joer beschäftegt hätt, a wann am Rapport vun der Kommissioun, déi do méi kritesch Froestellung och hiren Nidderschlag fonnt hätt.

Et ass déi total onkritesch Haltung vun der Majoritéit zu där doter Praxis an zu der méiglecher Ausriichtung vun den Affektatiounen vun de Plus-valuen, déi mech hei fundamental stéiert, déi eis eigentlech net weiderbréngt an déi mech derzou féiert ze mengen, dass mer hei eigentlech „de l'art pour l'art“ maachen, wat déi Froen

ugeet, wann d'Chamber et net mécht, wéi se et elo ufänkt ze maache bei der Exekutioun vum Budget. Et ass deen éischten Usaz, deen ech gesi vun enger méi kritescher aktiver Roll, déi d'Chamber bei der Ausféierung vum Budget spillt, an dass se ähnlech dat och géif maachen, wann et ëm d'Fro vun der Affektatioun vun de Plus-valué geet a se do net nëmme géif dat enregistréieren, wat d'Regierung scho virun decidéiert huet, mä och géif probéieren, de Choix vun der Regierung am Virfeld ze orientéieren, a wann dann d'Virschléi vun der Regierung kommen, déi och kritesch ze hannerfroen.

Ech mengen kengem fällt e Steen aus der Kroun, wann et drëm geet, fir déi eng oder aner Réorientéierung vun Affektatiounen vun de Plus-valuen ze maachen.

Mir bedauern also, dass an deem Rapport do vun der Finanzkommissioun net méi kritesch Téin oder zumindest Tëschentéin virleien, och wat den Ursprung eigentlech vun deem heite Projet ugeet.

Ech mengen hei geet et drëm, fir iwwer 30 Milliarden Frang eng neier Affektatioun zouzeféieren.

Bon, déi 30 Milliarden Frang, wou kommen déi hier? Déi hunn zwou Ursaachen, se setze sech aus zwee Drëttel zesumme vun enger gewolltener Feelaschätzung vun den Einnahmen, déi d'Regierung gemaach huet, an héchstens zu engem Drëttel iwwer eng méi schnell a méi positiv Entwécklung vum Wirtschaftswuesstum, wéi dat sengerzäit – Enn 1999 – ugeholl gi war a wéi hei an der Chamber iwwert de Budget 2000 diskutéiert ginn ass.

Ech sinn einfach der Meenung, dass een net einfach kann doriwwer ewechgoen a soen: Dat war och schonn iergendwéi de Fall an der Vergaangenheet. Wat een, als Parlamentarier, beonrouege muss, ass dat, dass elo wierklech mat deem Joer 2000 en absolute Rekord erreecht ginn ass, wat d'Feelaschätzungen vun den Einnahmen vum Statsbudget ugeet. Ëm 18%! 18% differéiert d'Schätzung vun der Regierung, déi se 1999 gemaach huet, mat de reellen Zuelen, déi mer da schliesslech am Joer 2000 iwwert de provisoiresche Kont hei virleien hunn.

Dat ass u sech net den Exempel vun enger wonnerbarer Budgetpolitik, dat ass d'Resultat vun enger gudder Wirtschaftssituatioun, dat wësse mer, mä et ass awer och d'Resultat vun enger wessentlecher Feelaschätzung vun eisen Einnahmen. An et ass evident, dass wann de Budgetsminister – egal wéi en heescht an egal wéi enger Partei en ugehéiert – proposéiert, méi reell Zuelen anzeschreiwen, da kritt déi heiten Diskussioun eng ganz aner Nues.

Mech beonrouegt eben, dass mer vun deem Prinzip vun der budgetärer Wourecht, am Laf vun de Joren, total ofgeréckelt sinn; mat engem Point culminant fir d'Joer 2000. Dat ass net gutt, an dat féiert dozou, dass dat



Budgetsdokument, wat mer all Joers stëmmen, eigentlech wäit vun der Realitéit ewech läit.

Wat mech an deem heite Fall eigentlech besonnesch rose mécht, dat ass dass mer sengerzäit als LSAP bei den Debatte vum 2000er Budget schonn dorobber higewisen hunn. Ech wëll awer net all Zitater aus eise Rieden zu deem dote Budget hei virdroen. Mä deemools hu mer et scho gesot: „Dir sidd am gaang hei wëssentlech d'Einnahmen komplett ze ënnerschätzen. Dee Budget 2000 wäert bei senger Exekutioun aus sengen Néit platzen“, ass en Zitat aus där Ried, déi ech deemools gehal hunn, a mir hu Recht behalen mat allem.

Wat méi traureg ass, ass, dass besonnesch den Här Weiler – deen esou gutt elo hei an där Fonctioun als Rapporteur zu deem heite Projet agesat ginn ass –, deemools gesot huet: Dat wär alles Quatsch, wat en d'Sozialiste géife behaupten, dat wär net esou,...

### **(Interruptions)**

...dass en déi Amendementer, déi mir sengerzäit proposéiert hätten, Lëtzebuerg géifen an eng Aventure erabrénge. Ech erënneren drun, deemools, am Dezember 1999, huet d'sozialistesche Fraktioun proposéiert gehat, fir déi Steiererlichterung fir Privatpersounen virzezéien, fir linear mam Tariff ëm 2% erfrozegeen. Deemools ass eis vu Säite vun der CSV geäntwert ginn: Dat wär net méiglech, well einfach am Budget déi dote Flexibilitéit net dra wier, et wieren eben net genuch Einnahmen do, fir dat Ganzt ze finanzéieren.

A mir hunn elo hei um Dösch vum Haus iwwer 30 Milliarde Frang virleien, déi méi erakomm sinn, wéi deemools d'Regierung wollt hunn dass en an de Budget ageschriwwen ginn.

Mir louchen also mat eise Kriticken richteg, déi mer sengerzäit, am Dezember 1999, iwwert dee Budgetprojet 2000 hei virgedroen hunn. Mir louchen also an alle wesentleche Punkte richteg, an all d'Regierungsparteie louchen, mat hiren Äntwerten, déi se sengerzäit op eis Virschléi ginn hunn, falsch. Mir hunn hei, mam Kont vun 2000, Recht kritt, an d'Regierung huet Onrecht kritt; dat muss een, mengen ech, hei ganz kloer soen.

Wat eis och weider beonrouegt, dat ass, dass mer eigentlech hei op onverständlech Zuelematerial diskutéieren. Dat ass jo och eng Fro, déi d'Cour des Comptes an hirem Avis zum 2002er Budget opgeworf huet, an déi zu 100% berechtigt ass. Mir sinn hei, fir iwwert d'Affektatioun op déi eenzel Fongen an d'Projektiounen fir 2001 an déi Joren hannedrun ze diskutéieren.

Mir hunn déi richteg Zuelen, déi reell Zuele vum Joer 2000, net an eisen Dokumenter leien, obwuel déi

Zuelen haut virleien. Mir hu keng Indikatiounen, wéi mer elo, zumindest no néng Méint, mat enger Exekutioun vum 2001er Budget, mat de reellen Dépense vum den eenzelnen Investitiounsfongen vum Stat, do stinn.

Mir kréien ëmmer nëmme Projektiounen virgeluecht an däerfen eis net mat materielle Chiffere befaassen, wéi wat dann tatsächlech an deene leschte Joren – 2000, respektiv am Laf vum Joer 2001 –, vun Ausgaben an deenen eenzelne Fonge gemaach ginn ass. Well do gesäit een, dass en do onheemlech Diskrepanzen tëschent deem, wat an d'Planifikatiounszuele vun de Fongen ageschriwwen gëtt, an de reellen Dépense leien.

Dat stëmmt net an de Chifferen an dat stëmmt och net wat déi eenzel Projeten ugeet. Do si Projeten, déi ganz leie bleiwen, anerer fänken eischer un, an och wat vu Joer zu Joer ageschriwwen gëtt, dat entsprécht net der Realitéit. Dat ass haaptsächlech Gespills a Gefréckels mat den Zuelen. Et geet drëm, dass pro Joer en acceptablen Total ënnert dem Strich eraus kënnt, a fir de Rescht stellen eigentlech déi Zuelen aus deene pluriannuelle Programmer net vill méi duer.

Et ass also wichteg, dass, wann d'Chamber sech selwer an hirer Aarbecht seriö hëlt, se sech an deem dote Punkt net nëmme mat de Projektiounen beschäftegt déi d'Ministèren an d'Finanzinspektioun fir déi nächst Joren opstellen an déi nëmme e ganz relative Wäert hunn. Mä et ass wichteg, dass se och kontrolléiert, wéi dann zum Beispill an de Joren 1999, 2000 an 2001 tatsächlech op deenen eenzelne Fongen d'Dépense gelaf sinn, a wéi wäit dass mer do ofweiche oder richteg leien par rapport zu de Projektiounen, déi d'Regierung gemaach huet.

D'sozialistesche Fraktioun wäert op jidde Fall – Enn nächst Joer – deen doten Exercice maachen, wann en net vun der Regierung a vun hirer Majoritéit gemaach gëtt. Mir wäerte Fong fir Fong kontrolléieren a kucken, wat dann tatsächlech an de Joren 1999, 2000 an 2001 investéiert ginn ass, a fir wat fir eng Projeten. An da wäerte mer dat mat deem vergläichen, wat vun der Regierung an deenen eenzelne Programmer ugekënnegt ginn ass. Ech freeë mech schonn drop, fir de Bilan vun deem Verglach, dee mer dann do wäerte maachen, ze zéien.

Ech hunn awer och, wéi d'lescht Joer – an ech kann do praktesch och sämtlech Iwwerleeungen nach eng Kéier hei duerleeën –, eng Rei vu prinzipiellen Objektiounen wat d'Aart a Weis ugeet, wéi d'Regierung – an hir Majoritéit schéngt dat jo dann ze schlécken – un déi Fro vun der Affektatioun vum Iwwerschoss vun den Einnahmen erugeet.

Mir fannen et als sozialistesche Fraktioun falsch, dass ausschliesslech nëmme staatlech Investitiounsfongen iwwer Plus-wäerten kënnen eng zousätzlech Speisung kréien. Mir sinn der Meinung, dass et eng ganz Rei vu

Kreditter, um Niveau vun den Dépenses en capital, am Statsbudget ginn, déi, wa se och net den Numm vu Fong droen, awer zu ähnlechen Zwecker déngen, an eigentlech och missten iwwert d'Mehreinnahme vun deem Joer virdrun opgestockt kënnen ginn.

An dëst, well ech grad den Androck hunn, dass mer déi gréisste Lächer momentan net an deenen eenzelne Fongen hunn, mä op eenzelne Kreditter am Budget en capital am Stat, wou et drëm geet, fir och Investisementer an d'Zukunft ze finanzéieren oder matze-finanzéieren.

Ech sinn och gäre bereet, fir e puer Beispiller ze ginn, wou et net klappt. Dat gëlt zum Beispill fir eng Rei vun de Fënnfjorespläng. A besonnesch fir de Fënnfjoresplang vum Sport ass dat wouer, wou all Gemengepolitiker heibanne weess, dass een elo zënter iwwer engem Joer keng Äntwert, keen Engagement vun deem zoustännege Ministère méi kritt, well elo ganz einfach déi Fongen, déi an deem bestehende Fënnfjoresplang geplangt sinn, net méi duerginn, fir esouguer déi nach lafend Aarbechten an deem gewünschte Mooss kënnen ze finanzéieren.

Do ass, eben duerch déi Boomzäit, déi beim Stat a bei de Gemenge war, onheemlech um Niveau vun de Gemengen investéiert ginn, an et ass selbstverständlech, dass een och do muss virukommen. Souwäit ech weess, huet d'Educationnsministesch och an der Regierung insistéiert, fir eng Ralonge, e Fong, respektiv en neie Kredit ze kréien. Sou ass dat op jidde Fall dobausse vun de Responsabele vum Ministère duergestallt ginn, an et ass net gutt, dass dat dote konnt geschéien, a mir schéngt dat do e Kredit, eng Dépense ze ginn, déi ee misst iwwert déi zousätzlech Mehreinnahmen, iwwert eng etlech 100 Milliounen Frang méi, speise kënnen.

Dat gëlt och fir aner Kreditter, wou mer regelméisseg vun deenen zoustännege staatleche Stellen Äntwerte kreien. Et kënnt leider keng Participatioun vum Stat bei deem dote Projet a Fro, well net genügend Kreditter virgesi waren.

### **(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)**

Et ass de Ministère de l'Intérieur, dee ganz oft esou Äntwerte gëtt, zumools wann et zum Beispill ëm d'Konstruktioun vu Primärschoule geet. Eng ganz onwesentlech Aufgab anscheinend, déi op d'Gemengen duerkënnt, a wou nach elo, an dësem Joer, eng Rei vu sou Bréiwer un d'Gemengen erausgaange sinn, dass keng Suen do wäeren.

Abee, ech acceptéieren esou eng Argumentatioun net wann et hei drëm geet, fir iwwer 30 Milliounen Frang ze affektéieren an et onméiglech wär, déi eenzel Kreditter am Budget en capital opzestoppen a wou et drëm geet, fir bei esou Grondinfrastrukturen d'Participatioun vum Stat eropzesetzen.

Dat ass fir mech net acceptabel, an ech mengen, dass do d'Regierung vun hirer ursprüngelecher rigider Haltung ofweiche soll, an hei net soe soll, dass déi Plus-valuen ausschliesselech a staatlech Fongen investéiert ginn. Mä et ginn eng Rei vun Dépenses beim Stat, déi ähnlechen Zilsetzungen noginn, wéi dat bei deene Fongen ass, déi awer net déi juristesche Form vun engem Investitiounsfong hunn; an déi misste kënnen iwwert dee selwechte Modus eng zousätzlech Speisung kréien.

Dat ass dat, wat mir gären hätten. Et ass dat, wou mir schonn d'lescht Joer gesot hunn, dass d'Regierung, am Laf vum Joer, erëm eng Kéier net reagiert huet, an dass hei zevill eng grouss Rigiditéit virherrscht, wat d'Virgoen an d'Affektatioun vun den eenzelne Mehreinnahmen un déi staatlech Fongen ugeet, an dat bedauere mir ausdrécklech.

Eng drëtt prinzipiell Bemierkung, déi ech wollt am Numm vun eiser Fraktioun maachen, ass nach eng Kéier d'Fro vun de Budgetsreserven, wéi mer mat deem dote Punkt ëmsprangen.

Och do – an do komme mer och nach eng Kéier drop zrëck – huet d'Cour des Comptes en interessante Virschlag gemaach. Si proposéiert, dass mer u sech op en aalt Instrument sollen zrëckgräifen, an zwar dat vun engem Krisefong, dee sengerzäit an den 30er Jore geschafe ginn ass, an deen e bëssen a Vergiess geroden ass. Respektiv – an dat wier dat, wat mir éischter géife begrëssen – en neie spezielle Fong schafen, ech hunn en emol provisoersch Nohaltegkeetsfong gedeef, well et eigentlech drëm geet, fir Suen, eng Mouk, op d'Säit ze leeën, fir dass d'zukünfteg Generatiounen kënnen dorobber zrëckgräifen, wann et emol eng Kéier sollt méi schlecht goen.

Mir sinn der Meenung, dass een also déi Budgetsreserve, déi elo besteet, esou engem neie Fong, engem Nohaltegkeetsfong, soll zouféieren, an dass deen eigentlech ouni den Accord vun der Chamber och net kéint agesat ginn, mä dass all Kéiers misst iwwer e speziaalt Gesetz genau gesot ginn, wat mat deene Suen do gemaach gëtt. Et geet also drëm, dass mer méi laangfristeg kucken – elo wou d'Statskeessen wierklech voll sinn – a genuch op d'Säit leeën, fir dass wann et wierklech zu enger...

**M. le Président.-** Här Bodry, ech wollt lech drop opmierksam maachen, dass den Här Krecké nach fir aacht Minutten ageschriwwen ass, dass Der misst mat Äre 15 Minutte gläich duerkommen.

**M. Alex Bodry (LSAP).-** Ech, oder eis Fraktioun, hunn der theoretesch 23 zergutt, mä mir wäerten eis dann upassen.

Also, ech sinn der Meenung, dass mer do müssen ëmdenken, an dass do muss eng nei Initiativ vun der Regierung kommen. A wann si se net hëlt, da wäert d'sozialistesche Fraktioun se huelen.

De véierte Punkt, deen ech nach wollt ervirhiewen, ass deen, dass déi Prozedur hei an der Loft hängt; wat ech och schonn d'lescht Joer sot. Déi Prozedur wou d'Chamber iwwer e Gesetz den Accord iwwert d'Affektatioun vun den Mehreinnahmen gëtt ass a kengem Text virgesinn. Si ass net an d'Budgetsprozedur integréiert a si ass och net an eist Comptabilitéitsgesetz integréiert; an dat ass net gutt. Well doduerch hängt et vum Bon-vouloir vun der jeweiliger Regierung of, ob se d'Chamber freet oder ob se d'Chamber net freet.

Mir insistéieren nach eng Kéier, dass do Remedur geschaf gëtt, an dass mer déi heite Prozedur och mat an eis Budgetsprozedur iwwerhuelen.

Dir hutt also elo héieren, dass mer eng Rëtsch vun Argumenter hunn – ech féieren se net nach eng Kéier op –, déi dozou féieren, dass mer nach eng Kéier all déi Kriticken, déi mer d'lescht Joer hei geäussert hunn, ervirbréngen. An zwar dofir, well sech an deene Punkten, un der Haltung vun der Regierung, näischt geännert huet, d'Situatioun ass éischter nach méi schlëmm ginn, wann een 2000er Zuele par rapport zu den 99er Zuele kuckt. Dufir wäerte mir dat heite Gesetz net stëmmen.

Merci.

**Une voix.-** Très bien.

**M. le Président.-** Merci Här Bodry, dat ware 16 Minutten, da kënnt elo den Här Rippinger.

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech mäi Virriedner héieren an em gutt nolauschteren, da constatéieren ech wéi bénéfique et ass, wann een zweeanenhalleft Joer an der Oppositioun ass a wat een do ka villes léieren.

**Une voix.-** Sot dat selwecht och vun lech!

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).-** Hien huet de Membere vun der Finanzkommissioun hei de Reproche gemaach, si hätte wéineg kritesche Geescht gehat vis-à-vis vun deene Propositione fir d'Affektatioun vun de Plus-values vun de Recettë vun der Regierung.

Ausgerechent hien, deen enger Regierung ugehéiert huet, déi während 15 Joer, wat d'Plus-values vun de Recetten ubelaangt, d'Chamber iwwerhaupt net gefrot huet. Dofir fannen ech, dass dee Reproche un eis wierklech net berechtigt ass.

An dat seet den Här Bodry: Jo, hei wäeren d'Recettë wëssentlech ënnerschat ginn. Ech muss lech soen, ech hu léiwer e Minister, dee Recettë wëssentlech ënnerschätzt, wéi dass en Dépensë wëssentlech ënnerschätzt.

**(Interruptions)**

Dat ass fir mech e ganz aneren Domän.

**(Interruptions diverses)**

An deemselwechte Kontext musse mer natierlech och soen, dass d'Sozialisten ëmmer den Artikel 104 vun der Verfassung och hei invoquéiert hu bei der Diskussioun iwwert d'Affektatioun vun de Plus-values vun de Recetten, well ebe gesot gëtt, sämtlech Recetten an Dépensë mussen an de Budget gesat ginn. Den Artikel 104, dee seet: „Toutes les recettes et dépenses de l'Etat doivent être portées au budget et dans les comptes.“ An et ass elo déi zweete Kéier am zweete Joer, dat ass richtig wat den Här Bodry seet, nodeem 1998 eng Motioun vu sämtleche Fraktiounen hei an der Chamber ënnerschriwwen ginn ass, fir esou ze procédéieren, wou also d'Affektatioun vun de Plus-values vun de Recetten eben iwwer Gesetz gemaach gëtt.

Ech muss lech soen, wa mir als Fraktioun keng Kriticken ubruecht hunn un d'Propositione vun der Regierung, dat ass ebe ganz einfach, well mir mat deene Propositionen d'accord waren a well eng ganz Rei vu Fongen, déi eis Ministere regéieren, eben och domadder gespeist gi sinn. Ech weess net, firwat dass mir do hätte sollen eng Kritik ubréngen.

Et ass och kloer, dass de Budgetsminister net kann, bis op de leschte Frang,...

**(Interruptions)**

Ech hu jo gesot, ech hätt net kritiséiert aus enger Rei vun Ursaachen, dont notament déi doten och. Well, et ass nämlech domadder, wou ee Politik mécht, an dofir hunn ech déi Affektatioun an déi Propositione vun der Regierung net kritiséiert, well mer eben, contrairement zu lech, mat der Politik vun dëser Regierung d'accord sinn.

Mir wëssen awer och, dass de Budgetsminister net kann, bis op de leschte Frang, alles ausrechnen, wat u Plus-values vu Recetten erakënnt an och do kee Pronostic opstelle kann. Wat mir verlaangen, dat ass effektiv eng realistesch Aschätzung, dat ass den Ënnerscheed eben zu enger systematescher oder wëssentlecher Ënnerschätzung. Mir wëssen awer och, dass säit dem Budgetsjoer 1996 d'Plus-valuë permanent steigen. Et ass och dat, wat d'Cour des Comptes gesot huet. An d'Cour des Comptes rappeléiert awer och, dass eng exakt Virausschätzung schwiereg ass. Besonnesch am Joer 2000 war et aussergewöhnlech schwiereg, well mer eben och een extraordinäre Wuesstum vun 8,5% haten an zu gläicher Zäit eng Progressioun um Aarbechtsmaart vu méi wéi 6%.

Dofir ass déi Virsiicht vum Budgetsminister louabel gewiescht an et soll een eben, esou wéi d'Cour des Comptes och dat proposéiert, et ënnerloossen, dass d'Iwwerschätzung vun de Recettë permanent géing méi zouhuelen. Ech hunn och gelies, wat d'Cour des Comptes geschriwwen huet: „La Cour note que cette situation commence à porter préjudice au principe de la sincérité budgétaire et estime partant qu'une

amélioration des instruments de prévisions économiques, voire un recours à des scénarios plus objectifs de l'évolution économique, s'impose à terme."

Dat ass e ganz schéinen an och e fromme Wonsch. Ech sinn och ganz d'accord mat der Cour des Comptes, mä wat si net seet, dat ass wéi mer dat solle maachen a wéi mer dat solle realiséieren. Si seet einfach, mir sollen dee Szénario plus objectif huelen, dat ass awer guer net esou einfach, well se eis net seet, wéi déi Szénarioe sollen ausgesinn. Duerfir sinn ech der Meenung, dass mir als Chamber eis solle mat der Cour des Comptes zesummesetzen, fir mat hinnen ze besprechen, wéi mer deen Szénario kënnen an Zeen setzen a wéi deen Szénario ebe kënnt ausgesinn.

Déi definitiv Mehreinnahmen vum Exercice 2000 dépasséieren also ëm ronn 115 Milliounen Euro de Volume vun de supplémentären Affektatiounen, déi am Gesetz virgesi waren.

Mir sinn also absolut d'accord, ech hunn dat scho gesot, mat der Regierung, déi Mehreinnahmen net an d'Réserve budgétaire, mä an d'Fonds spéciaux d'investissement ze affektéieren.

Wéi kommen déi Mehreinnahmen eran? Et gëtt eigentlech eng Hitparad, déi praktesch geholl all Joers déi selwecht ass. Dat ass d'Taxe d'abonnement emol fir d'alleréisch mat 178,8 Milliounen Euro, dann d'TVA an zweeter Stell mat 166,5 Milliounen Euro an d'Recetten, déi aus der UEBL kommen, wou d'Part vu Lëtzebuerg estiméiert gëtt, dat sinn 119,8 Milliounen Euro. Dat war natierlech och datselwecht am Budget 2000 ongeféier deeselwechten Ordre de grandeur, dee war also deemno virauszegesinn.

Da géing ech dem Rapporteur natierlech villmools merci soe fir säi Rapport, wat eis erlaabt, net missen an all Einzelheeten ze goen, mä ech hu mer awer zwou Saachen erausgepickt, déi ech ganz flott fonnt hunn, an ech zitéieren de Rapporteur, wou e Folgendes seet: „La confirmation en 2000 d'une tendance importante à la hausse des recettes fiscales de l'Etat a ainsi ouvert la voie à une politique budgétaire plus offensive et plus volontariste sans que le Gouvernement n'ait versé dans la légèreté dépensière."

Ech hunn dat eng ganz flott Formulatioun fonnt an dofir wollt ech se och hei eng Kéier zitéieren. Mir wëssen also, an dat huet de Rapporteur gesot, dass d'Disziplin an der Ausgabepolitik vun der Regierung ebe sech hei erausspigelt a mir sinn eben och d'accord mat deene Propositionen, déi d'Regierung gemaach huet, fir ebe sämtlech Excédants a Fongen ze affektéieren, a mir deelen also dës Approche. Et geet hei ëm 112,5 Milliounen Euro, dovunner sinn der 12.500.000, déi an d'Investissements scolaires ginn, oder wat an d'Infrastructure scolaire geet, dat ass eben engersäits weegent der Demokratescher..., demografescher...

### (Interruptions)

Ah, elo sidd Der op eemol erwächt, gesitt Der!

Et geet duer e Lapsus, fir dass d'Chamber erwächt.

### (Interruptions)

...demografescher Situatioun, an dann och fir ebe Lycéeën ze bauen, mir schwätzen hei vum Plan sectoriel lycée. Et ass vill de Mëtteg erëm vun der PISA-Etüd geschwat ginn. Et gëtt ëmmer erëm vergiess, dass déi PISA-Etüd, dass de Fondement dovunner, am Abrëll 2000 geluecht ginn ass.

Wat fir mech interessant ass, ech mengen, dat ass awer och de Mérite vun der Bildungssoffensiv vun der Demokratescher Partei. Et ass nach ni esou vill hei am Land iwwert d'Schoule geschwat ginn, wéi an deene leschte Méint. Et ass nach ni esou vill Lieserbréifen...

### (Interruptions)

**Une voix.** - Dat ass schlecht!

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).** - Neen, nach ni.

Dat ass gutt! Mir wëlle jo d'Diskussioun hei am Land. Dir hätt d'Diskussioun gare vun de 700.000 Awunner. Firwat solle mer net och am Land déi Diskussioun féieren iwwer eng PISA-Etüd, iwwert den Zoustand vun eise Schoulen a vun all deem, wat eben do gebuede gëtt?

Dofir fannen ech dat ganz interessant. Et ass nach ni esouvill diskutéiert a geschriwwen ginn an deem Secteur, wéi dat elo de Fall ass an deene leschten 20 Joer hei zu Lëtzebuerg, an ech fannen dat gutt, dass dat esou ass.

### (Interruptions)

Mir müssen och kucken, wa mer an dësem Kontext schwätzen, ech hat dat schonn an de Budgetsdebatte gesot, dass mer déi Bauzäit vun den öffentleche Baute vun 8,5 Joer reduzéiert kréien. Mir wëssen och, dass mer zousätzlech Personal müssen hunn an deem Secteur an, et ass wéi d'Mme Brasseur ëmmer ganz richtig seet, an der Education Nationale geet et net nëmmen duer mat de Suen, sondern d'Kanner müssen och nach léieren, rechnen a schreiwe kënnen. Dat heescht also, d'Suen eleng ginn net duer, sondern et sinn och nach aner Saachen, déi do mat intervenéieren.

Dann déi 25 Milliounen fir d'Investissements hospitaliers, domat si mer selbstverständlech d'accord, an do luewen ech dat, wat de Rapporteur gesot huet a Bezuch op d'Investissements hospitaliers an d'Politik an dem Santéberäich. En huet gesot, dat wär eng Politique ambitieuse du Gouvernement. Dat ass richtig esou. Mir deelen déi Meenung. Et geet also ëm d'Investissementer am Spidolswesen: de Spidolsplang, de Rehazenter, de Statslaboratoire asw. An dann hu mer natierlech och zousätzlech...

### (Interruptions)



**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dat huet awer ee ganz groussen Hoken, Här Rippinger. Mir hu kee Finanzéierungsgesetz méi.

**(Interruptions)**

Neen, mir hu kee Finanzéierungsgesetz méi, mir kënnen net méi domat schaffen.

Frot den Här Minister, wat mer an der Zwëschenzäit mam Finanzéierungsgesetz scho finanzéiert hunn. Frot emol no wéi vill Fongen, wéi vill Kreditter...

**(Interruptions)**

...schonn iwwert d'Finanzéierungsgesetz gelaf sinn a frot déi zwee zoustänneg Ministeren, wéivill déi Investissementer iwwerhaupt an Zukunft solle kaschten. Dir kritt keng Äntwert, Här Weiler.

**M. le Président.**- Wann ech gelift,...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här Weiler, Dir kritt keng Äntwert drop. Probéiert et, Dir kritt keng Äntwert.

**M. le Président.**- Här Bartolomeo, Dir waart net gefrot ginn...

**Une voix.**- Di, et ass en Adlegen, Di Bartolomeo.

**M. le Président.**- Dir waart net gefrot ginn an den Här Weiler brauch net ze äntweren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Ech wollt dem Här Rippinger just Opklärung ginn iwwer en Dossier, deen hien net esou gutt kennt.

**(Interruptions diverses)**

**Une voix.**- Den Här Rippinger ass lernfäeg!

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- Ech si lernfäeg an ech kann och op d'Iwwerhiefflechkeet vum Här Di Bartolomeo ganz gutt verzichten.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Normalerweis ginn ech an der Iwwerhiefflechkeet vun lech largement iwwertraff!

**M. Jean-Paul Rippinger (DP).**- All Kéier wann dat Wuert Rehazenter fält, da mengt hien, e misst sech mellen. Et ass esou wéi d'Réaction de Pavlov!

Dann an der Transportpolitik, déi ass de Mëtteg och erëm hei ugeschwat ginn, an ech si frou, dass den Här Bausch gesot huet hei, e wär mat där Approche, déi zesummegeat ginn ass oder an där Entrevue erauskomm ass tëschent dem Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg an dem Henri Grethen als Transportminister, wat also dee Pabeier war, dee gëschter verdeelt ginn ass. Ech si frou, datt dat seng Zoustëmmung fënnt. Natierlech, ech verstinn ëmmer nach, dass, wann 1999 déi stater Leit den Zuch duerch d'Stad vu 70 Meter net wellten hunn, dofir kënnen mir net, dat ass den Ausdrock vum demokratesche Wëlle vun de stater Bierger. Ech verstinn natierlech, dass si

ëmmer deem nach notraueren, mä mir hunn elo eng Ersatzpolitik, mir hunn eng Politik, déi offensiv ass, an ech fannen, dass déi sech ganz gutt erëmispigelt an deem Pabeier, dee mer gëschter do verdeelt kritt hunn. Et ass also den öffentliche Transport, dee gefördert gëtt, esouwuel den Transport vum Bus wéi och den Transport op der Schinn.

Mir sinn der Meenung, Här President, dass dat heiten, déi Affektatioun vun de Plus-values vun de Recetten, sou wéi se vun der Regierung proposéiert ass, déi richteg Propositione sinn a mir deelen déi, a mir wäerten och dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen lech merci.

**Une voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert. 15 Minutten.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären.

**(Interruption)**

Den Här Huss schwätzt mer dat vir, wat ech elo grad wollt soen, nämlech datt ech dat wëll nach fäerdeg bréngen, wat ech de Mëtten a menger Riednerzäit net hei konnt fäerdeg bréngen, a vu datt dee Projet, dee mer jo hei elo zur Diskussioun hunn iwwert d'Excédante vum Budget och an de Kader nach vun der Budgetsdebat erapasst, mengen ech, passt och nach de Schluss vu menger Äntwert op dat, wat ech zu dem Här Weiler sengen Aussoen haut wollt maachen an dëse Kader eran.

Den Här Weiler huet virdru gemengt, nach eng Kéier hei erop ze kommen an nach eng Kéier ze soen, ech misst Beweiser bréngen, an dobäi ass d'Zäit net duergaangen, virun enger Stonn, fir all déi Beweiser hei virzedroen, déi ech zesummegegedroen hunn, fir dat eben ze ënnersträichen, wat den Här Weiler falsch a wat ech hei de Mëtteg richteg virgeluecht hunn.

Zum Beispill beim Nationalitéitengesetz war ech stoe bliwwen, wou ech e weidere Beweis wollt bréngen. Dass et net d'Absicht vun der Regierung an de Regierungsparteie war, an där elo zum Schluss zréckbehalener Léisung an déi Richtung ze goen, beweist engersäits den Avant-projet vun der Regierung an anerersäits de Regierungsprogramm wou dra stung: „La connaissance d'une langue usuelle du Grand-Duché, luxembourgeois, allemand, français, sera exigée comme condition légale d'assimilation pour pouvoir accéder à la nationalité luxembourgeoise.“

Ee Koalitiounsofkommen, wat jo, esouvill wéi ech weess, och vun der CSV mat ënnerschriwwen ginn ass. Wann also vun Ufank un eng Partei, an dësem Fall den ADR, an där Fro eng kloer aner Meenung hat an den Avant-projet de loi an eng aner Richtung gaangen ass,

an zum Schluss, dach déi am ADR sengem Walprogramm festgeschriwwen Propositionen zréckbehale gëtt oder ginn ass, kënne mir dach sécherlech hei soen a behaupten, dass mir frou sinn, dass dem ADR seng Idee zréckbehale ginn ass, ouni duerfir vum Här Weiler wëllen als Ligner betitelt ze ginn.

An och do, Här President, hunn ech eng Dokumentatioun zesummegesat vun all deem, wat ech gesot hunn, fir dat hei kënne ze beweisen.

Da géif ech zu de Konklusiounen kommen, déi ech virdu scho wollt maachen. D'Fro, déi ee sech muss stellen ass: Firwat reagéiert e Politiker, eng Partei esou onfair vis-à-vis vun enger anerer Partei, engem anere Politiker? Firwat ass den Haass esou déif, fir datt een an der politescher Auseinandersetzung op esou Methoden zréckgräift?

Ech hu mech an deene leschten Deeg mat där Fro beschäftigt a kouw zur Konklusioun, dass nëmmen eng Partei esou ka reagéieren, déi mam Réck zur Mauer steet. An d'CSV, déi 1984 nach 25 Mandater hei am Parlament hat an haut der nach 19 huet, déi also sechs Sätz verluer huet a gläichzäiteg muss feststellen, dass eng nei Partei entstanen ass, déi an deemselwechten Zäitraum siwe Sätz gewonnen huet, eng CSV, déi lues awer sécher feststellt, dass den CSV-Stat, deen iwwer Jorzéngten hinne Muecht an alles wat dorun hänkt garantéiert huet, lues awer sécher zerbréckelt, eng CSV, déi an deene leschte Wochen a Méint permanent negativ an de Schlagzeile stung, zum Beispill an der Telefonsaffär bei de Sozialisten, an der Telefonsaffär bei Journalisten, de Brëf vum Direkter vum Enregistrement, wou dësen de Justizminister an den Innenminister öffentlech ugeklot huet, si hätten d'Interesse vum Stat net vertrueden, d'Parlament, dat de Minister hei gegleeft huet op Grond vun hiren Aussoen, awer ënnert der Konditioun, dass en Disziplinarverfahre géint den Direkter géif gemaach ginn, wat bis haut awer komescherweis net geschitt ass.

Nodeem en CSV-EU-Kommissiounspräsident huet missen demissionéieren an elo eng CSV-EU-Kommissarin an enger fir onst Land net allze gudder Situatioun do steet am Zesammenhank mam Kaf vun Appartementer um Lampertsbiërg. Eng CSV, där een ofgesäit, dass se hire Koalitionspartner net esou an de Grëff kritt, wéi se dat an der Vergaangenheet ëmmer gewinnt war. Eng CSV, déi an hirer Iwwerhieflechkeet, ouni si géif näischt Uerdentlechtes hei am Land zustane kommen, elo eng fir onst Land weltwäit Bläme mam PISA-Resultat muss agestoen, déi exklusiv op hire Kont zréckzeféieren ass.

D'lescht Woch huet de Kolleg Asselborn e Sproch vum Konfuzius hei zitéiert, deen heescht, „esou laang ee fällt, ass een nach net um Buedem ukomm“. Op dëse Sproch kann d'CSV sech emol net méi beruffen, well si ass ënnen ukomm. D'CSV weess, dass an Zukunft dëst Land och

ouni si ka regéiert a gefouert ginn, oder den CSV-Fraktiounspräsident Lucien Weiler, deen deen Zoustand, deen ech elo bei der CSV beschriwwen hunn, u senger eegener Persoun erlieft. Bei de Wale vun 1999 krut de Fraktiounschef vum der CSV nach just 10.445 Stëmme vun de Wieler am Norden. Mäi Fraktiounskolleg Koeppe Jhemp krut 11.017 Stëmmen, dat si 572 Stëmme weider, wéi dee grouse Fraktiounspräsident vum der grousser an iwwerhieflecher CSV.

D'Leit am Éislek kennen déi zwee Kandidaten, Weiler a Koeppe, a wann den CSV-Fraktiounspräsident am Norde vum Land, wat ëmmer eng Héichbuerg vun der CSV war, manner Stëmme kritt wéi den ADR-Spëtzekandidat, da wëssen zumindest d'Leit am Norden, firwat dass dat esou ass.

Här President, ech sinn an de leschten Deeg op d'Interventioun vum Här Weiler ganz vill ugesprach ginn an hunn Télefoner kritt. D'Reaktiounen bei de Leit waren duerch d'Bank déiselwecht: „Loosst lech net ënnerekréien, haalt en de Bass! Vu wat wëllt d'CSV dann elo erëm oflenken?“ An aus dem Raum Dikrech hunn ech eleng siwen Télefoner kritt, déi dat gesot hunn, wat ech elo grad zitéiert hunn. A wat méi spezifesch dem Här Weiler seng Persoun ubelaangt, resuméiert gesot: „Wann een dat Wuert Ligner net méi dierf an de Mond huelen, dann ass et de Lucien Weiler.“

Firwat dass déi Leit, déi den Här Lucien Weiler kennen, dat gesot hunn, entzitt sech menger Kenntnis, mä ech sinn awer iwwerzeegt, dass den Här Weiler weess, vu wat dass déi Leit schwätzen.

Op Grond vun deenen duerchaus positive Reaktiounen un ons als ADR an u mech perséinlech, hat ech een Abléck dru geduecht, iwwerhaupt net ze reagéieren. Well ech mer awer geduecht hunn, dass nach net all Leit am Land den Här Weiler géife kennen, hunn ech mech trotzdeem decidéiert ze reagéieren an dat ze soen, wat ech elo gesot hunn.

Här President, ech hunn dës Deklaratioun am Numm vun eiser Fraktioun gemaach, net fir d'Auseinandersetzung weider ze provozéieren, mä an der Hoffnung, dass an Zukunft jidderee vun ons d'politesch Diskussioun vu perséinlechen, onfairen an onubruuchten Attacke weess ze ënnerscheiden.

A well mer viru Chrëschttag stinn, enger Zäit wou Fridde gepriedegt gëtt, verzeie mir als ADR an ech perséinlech dem Här Weiler, fir seng Aussoen, déi en d'lescht Woch hei gemaach huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat gesot géif ech zum Projet de loi kommen.

**M. le Président.-** Här Gibéryen, ech wollt just eng Remarque maachen. Elo kommt Der zum Thema, woufir mer hei zesumme sinn. Dat ass d'Diskussioun iwwert d'Affektatioun vun de Recettë vum Exercice 2000.

Ech muss lech soen, dass déi Aart a Weis, wéi déi Diskussiounen hei gefouert ginn, e Sträit tëschent lech an dem Här Weiler, dass dat hei net déi Plaz ass, wou dee Sträit soll ausgedroe ginn.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Da muss Der dem Här Weiler dat soen!

**M. le Président.**- Hei soll zum Ordre du jour geschwat ginn. Dat ass meng perséinlech Meenung. Wa gären een e Punkt op den Ordre du jour hätt, da soll en dat froen. Da kënnen déi zwou Parteie sech preparéieren an dann déi Diskussioun och wéinst menger hei ausdroen. Mä wa mer en Ordre du jour hunn, wou mer iwwer Budget schwätzen, iwwer Affektatiounen, déi solle virgeholl ginn, soll kee Sträit tëschent Parteien hei op dëser Plaz ausgedroe ginn.

Ech géif op jidde Fall de Bureau vun der Chamber bidden, sech där Saach unzehuelen, well déi Aart a Weis, wéi hei virgaange gétt an den Diskussiounen beim Budget, dat kann net esou weidergoen. Dat ass meng fest virgefaasste Meenung.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, et ass ganz richtig, wat Der do sot, well ech hunn dat och net an de Rei fonnt, wat den Här Weiler de leschten Donneschdeg hei gemaach huet, an dat huet ebe mech dozou provoziert, fir haut hei dorop ze reagieren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Här President, dat do hat Der um sëlwerne Plateau zerwéiert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech wëll dann dem Rapporteur, dem Här Weiler, vun dëser Plaz aus merci soe fir säi Rapport, deen en zu dësem Gesetz gemaach huet. Et ass fir d'zweet, dass mer e Projet maachen, wou mer iwwert d'Excédente schwätzen. Nodeem mer d'lescht Joer iwwer 17,5 Milliarden hei diskutéiert hunn, komme mer dëst Joer op e Rekord vu praktesch 30,7 Milliarden, déi op déi verschidden Investitiounsfonge solle verdeelt ginn.

Engersäits muss ee frou sinn iwwer esou e gutt finanziell Resultat vun engem Budgetsjoer, iwwer eng gutt finanziell Situatioun vum Stat. Et beweist awer och, dass dëse Stat senge Bierger an de Betriber – dat ass an deene leschte Jore bei de Budgetsdebatten ëmmer ugeklongen – ze vill Steieren aus der Täsch hëlt an et beweist och, dass déi Steierreformen, déi 2000 respektiv 2001 komm sinn, längst iwwerfällég waren, well soss déi Excédenten an deenen nächste Joren nach villméi héich ginn. Et ass also Geld, dat d'Leit mussen zrëckkréien, wat de Stat eiser Meenung no ze vill geholl huet.

Et muss een awer wëssen, dass d'Reserven an de Fongen ëmmer méi grouss ginn, an op där anerer Säit ginn déi Projeten, déi domat solle realiséiert ginn, net an engem vertriebbaren Zäitraum realiséiert. Domat muss mer eis ausenaner setzen.

Et ass d'lescht Woch hei ugeklongen, dass, esouguer op Récksprouch mat der Bauteministesch, ee bei grouse

Projete muss dovun ausgoen, vun deem Abléck u wou se an d'Diskussioun komme bis se realiséiert sinn, aacht Joer verginn. Wa mer dat feststellen, da kann een dat net nëmmen am Raum stoe loossen, mä dann ass et un der Regierung, fir Propositionen ze maachen, wéi een nun emol kann déi Prozedure beschleunegen, fir dass méi séier kënnen Projete realiséiert ginn, déi an dësem Haus decidéiert gi sinn.

Et si grouss Projeten, ech denken un de Rehazenter oder un de Spidolsplang, wou d'Fleegebetter net realiséiert ginn. D'Leit am Land hätte léiwer, mir hätten eng ganz Rëtsch manner an de Fongen an d'Projete wiere realiséiert an d'Leit, déi an e Fleegeheim musse goen, kréichen e Fleegebett a mir hätten uerdentlech Infrastrukturen am Spidolswiesen, mir hätten uerdentlech Infrastrukture wat de Rehazenter ubelaangt, mir wieren an eise Stroossebau méi wäit weiderkomm, mir wieren am öffentlechen Transport weiderkomm. D'Leit hätte léiwer, déi Projete wiere realiséiert ginn, wéi dass mer de Leit elo soen, kuckt emol, wat hu mir vill Milliarden op engem Koup leie fir Projeten, déi iergendwann eng Kéier wäerte realiséiert ginn.

Mir hunn als ADR d'lescht Joer, a mir wäerten och dëst Joer erëm drop zrëckkommen, zwee weider Fongen proposéiert. Deen éischte geet am Fong op d'Gemengen zrëck, wou ech d'lescht Woch bei de Budgetdiskussiounen och hei gesot hunn, dass d'Gemeenge par rapport zum Stat ëmmer manner Recettë kréien. De Budgetsrapporteur hat a sengem Rapport eng ganz interessant Tabell, wou en am Fong opweist, wéi vun 1974 u bis haut déi uerdentlech Recettë vum Stat an déi uerdentlech Recettë vun de Gemeinde sech entwéckelt hunn a wéi d'Verhältnis ass. Ech wëll déi Chifferen hei nach eng Kéier widderhuelen.

A wann een higeet an et hëlt een déi éischt zéng Jore vun där Tabell, da gesäit een, dass d'Gemengen an der Moyenne 24,9 oder ronn 25% vun uerdentleche Recetten haten, déi am Statsbudget senge Recettë waren. Mä am Laf vun de Joren ass dee Prozentsaz ëmmer gefall, a mir sinn haut ukomm bei engem Prozentsaz vu praktesch 22%.

Wann een dann déi Tabell géif mat enger Kolonn complétéieren, déi de Budgetsrapporteur opgestallt huet, an et géif een all Joer do hannendru schreiwen, wat déi manner u Prozenter géifen a Frangen ausmaachen, dann hunn d'Gemengen iwwer déi 20, 25 Joer quasi 35 Milliarde manner u Recettë kritt am Verhältnis zu de Recettë vum Stat.

Dës Chiffere sinn emol nach net inflatiounsberengegt an et si Suen, déi an der Statskeess sinn a wou op där anerer Säit bei de Gemeinde grouss finanziell Besoine sinn. A wann een dëser Deeg an den Zeitungen d'Berichter liest iwwert d'Gemengerotssitzungen, wou

d'Gemegebudgeten diskutéiert ginn, da gesäit een, wat fir eng enorm Chifferen déi meescht Gemengen dëst Joer ageschriwwen hunn, fir zousätzlech Emprunten opzehuelen.

Mir wäerte gesinn, dass déi Schold, déi d'Gemengen am Abléck tëschent 17 an 18 Milliarden hunn, dëst Joer sécherlech massiv an d'Luucht geet an iwwer 20 Milliarde wäert bedroen. Dat beweist also, dass een Deel vun eiser Struktur wéi eis Gesellschaft funktionéiert, d'Gemengen, net genuch Gelder kréien, fir hiren Obligatiounen, déi se vis-à-vis vun de Bierger hunn, nozekommen, an iwwert deen Accord, deen elo getraff ginn ass iwwert d'Gewerbsteier, wäert et an Zukunft nach méi dramatesch ginn, wat d'Finanzéierung vun de Gemegebudgeten ubelaangt.

Dofir ware mer der Meinung, dass ee sollt vun der heiteger Situatioun profitéieren, fir en Deel vun deenen Excédents ze huelen an de Gemengen zoukommen ze loosse.

Ech wëll och un dat erënneren, Här President, wat de Kolleg Bodry virdru gesot huet, dass d'Gemengen nach ëmmer laang mussen op Subside waarden, well ebe verschidde Ministèren d'Kreditter net hunn. Ech wëll drun erënneren, dass am Kader vun der Interpellatioun iwwert d'Gemegefinanzen, déi de Kolleg Gira an ech virun engem gudde Joer hei haten, eng Motioun deponéiert ginn ass, déi och eestëmmeg vun der Chamber ugeholl ginn ass, dass d'Regierung misst all Joer e Rapport annuel maachen, wou sämtlech Subsidien, déi vun deene verschiddene Ministèren un déi eenzel Gemeinde ginn, missten opgefouert ginn, wou déi gesetzlech Basis an d'Kritäre géifen dra stoen an d'Montanten an d'Budgetsartikelen, vun deene se géife bezuelt ginn.

Déi Motioun ass, wéi gesot, de 5. Abrëll 2000 hei an der Chamber eestëmmeg ugeholl ginn, mä d'Regierung huet, wéi esou oft, och op dës Motioun vum Parlament net reagiert. Dofir, Här President, erlaben ech mer an dësem Zesammenhang eng nei Motioun ze deponéieren, wou mer d'Regierung nach eng Kéier opfuerderen, fir dann endlech dee Rapport virzeleeën, deen d'Chamber verlaangt huet.

**M. le Président.-** Är Zäit ass ofgelaf, Här Gibéryen.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech si fäerdeg, Här President.

**M. le Président.-** Dir waart d'éinescht och scho fäerdeg.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Ech wollt nach just soen, dass mer e Fong wëlle maachen, fir d'Renten ze finanzéieren. Ech brauch dozou weider keng Erklärungen ze ginn an et versteet sech vum selwen, Här President, dass mer dësem Projet net wäerten zoustëmmen.

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *considérant la motion n°2 déposée en séance publique le 5 avril 2000 lors de l'interpellation sur les finances communales, invitant le Gouvernement à établir un rapport annuel contenant toutes les données sur la politique de subventions de l'Etat;*
- *considérant que cette motion avait trouvé l'accord du Gouvernement;*
- *considérant que la motion fût adoptée à l'unanimité par la Chambre des Députés;*
- *constatant que le Gouvernement n'a donné aucune suite à la motion jusqu'à présent;*

*invite le Gouvernement*

*à présenter le rapport dans les meilleurs délais.*

*(s.) Gast Gibéryen, Jean Colombero, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Robert Mehlen.*

**M. le Président.-** Den nächsten Orateur ass den Här François Bausch.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll net méi op déi Saach, déi den Här Bodry ugeschnidden huet, agoen, op dee relativ komeschen Émstand, an deem mer eis zu Lëtzebuerg an der Zwëschenzäit befannen, datt mer ewell Budgeten hei an dësem Parlament ofstëmmen, déi, wann een d'Realitéit vun dësen Excédents vun 2000 kuckt, eigentlech bal fiktiv Budgete sinn. Eigentlech huet den Här Bodry Recht, wann e seet, datt mer et hei mat enger Ennerschätzung vun de Recetten ze dinn hunn, vun 18%, vum Statsbudget. Ech weess net, wann esou Saache wéi dat doten am Ausland virkomme géifen, wat do gesot géif ginn. Dat ass net nëmme den Émstand, datt natierlech zu Lëtzebuerg d'Ekonomie gutt dréit, an donc mer héich Recetten hunn. Et war och esou, zumindest fir d'Joer 2000 – an dat hunn zimlech all Riedner deemols hei bei de Budgetsdebatte gesot –, datt déi Recetten am Statsbudget mat Sécherheet falsch ageschätzt gi waren, a se woussten dee Moment Enn 1999, vun de Prognose fir 2000, datt déi Recetten am Joer 2000 vill méi héich géife gi wéi dat, wat d'Regierung deemools am Budget agesat huet. Donc ass net nëmme elo den Émstand hei ze diskutéieren – iwwer dee mer sécherlech all frou sinn –, datt d'Recettë fir d'Joer 2000 beim Stat héich ware, mä et ass och iwwert den Émstand ze diskutéieren, dass dës Regierung effektiv ganz bewusst déi Ennerschätzung gemaach huet, an ech wëll – wéi gesot – net méi op déi Kriticken agoen a vu menger Riedezäit profitéieren, fir eng Rei aner Saachen ze soen.

Ech fille mech natierlech lo gezwongen op ee Punkt anzegoen, wat ech eigentlech net wëlles hat, deen den Här Rippinger hei opgeworf huet, deen de Projet zwar betrëfft, well jo hei an de Fongen, wou déi Excédent-



budgetairen do affektéiert ginn, och de Fonds du rail an de Fonds des raccordements ferroviaires internationaux dobäi sinn. Den Här Rippinger huet gemengt mir op dat, wat ech virdru gesot hunn, äntweren ze missen, woubäi en erëm eng Kéier bewisen huet, datt en eigentlech éischstens e kuerzt Gedächtnis huet, an zweetens – menger Meenung no – de Projet nach ëmmer net verstanen huet, deen an den nonzeger Joren an der Diskussioun stung. Well, Här Rippinger, et ass net esou, datt mir eppes do notraueren, wéi Dir hei sot. Mir trauere guer näischt no, och net dem Fait, zum Beispill, dass lo keen Zuch duerch d'Stad fiert. Ech wëll lech just nëmme soen: De Fait, dass sech d'Diskussioun herno op een eenzegt Element reduzéiert huet, an zwar op dee sou genannten Zuch duerch d'Stad, dat ass genau dat, wat ech lech jo reprochéieren. Et ass nämlech d'Schold vun der Demokratescher Partei, dass de gesamte Projet als solchen, dee mer lo virleien hunn an enger neier Fassung – bal identesch zu deem, wéi en an den nonzeger Joren bestanen huet – an deen immens wichteg ass fir d'Zukunft vun dësem Land, reduzéiert ginn ass – aus bekannten elektoralen, demagogesche Grënn – op d'Fro: Wëlle mir en Zuch duerch d'Stad, jo oder nee?

***(M. Jean Spautz reprend la Présidence)***

Dat ass eng Realitéit, Här Rippinger, a mir wäerten lech an deenen nächste Joren, net nëmme lech, mä virun allem d'Öffentlechkeet, gebetsmühlenhaft dorobber hiweisen, wann d'Leit sech iwwert de Verkéier bekloen, datt et Är Partei ass, déi schold un där Situatioun ass, datt d'Leit eng Liewensqualitéit hunn, déi sech an de Wunnquartieren an eise Stied extrem verschlechtert huet, an datt mer e Verkéierschaos an dësem Land wäerte kréien, deen eisek ekonomesche Standuert immense Schued zoufëgt. Ech weess, Dir héiert dat net gär, mä ech wëll lech awer soen: Dir wäert dat an deenen nächste Joren nach méi wei eng Kéier ze héiere kréien, an – ech sinn iwwerzeegt – net nëmme vun deene Grëngen, mä vun ëmmer méi Bierger a Biergerinnen an dësem Land.

Ech kommen dann op déi aner Punkten ze schwätzen, déi an deem Article unique hei festgehalen sinn. Do läit eis virun allem ee Punkt um Mo, an zwar deen, datt bei där Verdeelung vun deene Plus-valuen an Héicht vun 30 Milliarde Lëtzebuerger Frang ee Secteur eidel ausgeet: dee vun de Gemengen.

Et ass esou, Dir Dammen an Dir Hären, datt zënter 1996, wou déi éischte Kéier de Gemengen hir Einnahmen duerch déi éischt Reform e bëssen Aschnitt erlidden hunn, d'Recetten insgesamt vum Stat vun 1996 bis 2001 ëm 44% geklomme sinn a während deem nämlechen Zäitraum d'Recettë vun de Gemengen nëmme ëm 18% geklomme sinn. Mäi Kolleg Camille Gira huet lech hei schonn e puermol virgerechnet, datt dat par rapport zum Stat schätzungsweis en

Einnahmeverloscht oder eng Moins-value ass, déi 30 Milliarde Lëtzebuerger Frang läit.

Lo kann een natierlech do nach higoen, an de Fait ofrechnen, datt en Deel vun de Chargen duerch d'Fusioun vu Gendarmerie a Police vum Stat vun de Gemengen iwwerholl ginn ass an och iwwert de Fonds de l'emploi een Deel vu Chargen vun de Gemengen iwwerholl ginn ass, wat schätzungsweis och dräi Milliarde mécht. Awer da bleift nach ëmmer, par rapport zu der Evolutioun vun de Recettë vum Stat, e Minus vu siwe Milliarde fir d'Gemengen iwwreg. Dat ass eigentlech eng normal Saach, ech wëll awer hei net dorobber agoen, well mäi Kolleg Camille Gira dat muer de Moien am Kader vum Gesetz iwwert Steuerreduktiounen maache wäert, wou jo och erëm eng Kéier en Deel dran ass, deen d'Gewerbsteuer betrëfft. Do wäert hien ausgibeg dozou Stellung huelen.

Dat Ganzt ass awer relativ dramatesch, well mer einfach mol der Realitéit an dësem Land endlech Rechnung droe mussen, dass wa mer driwwer diskutéieren – an ech mengen, dank dem Fait, dass de Budgetsrapporteur e groussen Deel iwwert d'Investitiounspolitik a säi Rapport dragesat huet, huet en dat jo zur Genüge beschriwwen –, datt mer eng héich Investitiounspolitik hei am Land an den nächste Jore maache mussen, well dat einfach vun eisek ekonomesche Modell verlaangt gëtt. Et muss ee sech am Klore sinn, datt d'Gemengen natierlech als éischt beträff sinn, an deem dote Kontext. Dofir ass et natierlech besonnesch dramatesch, wann d'Gemengen engersäits hir Moyenen beschnidde kréien, an anerersäits, wa Plus-valuen ufallen, net vum Stat dorunner bedeelegt ginn. De Stat mécht, wéi wann d'Gemengen net do wieren a kuckt just fir seng Investissementen ze finanzéieren an déi vun de Gemengen léisst en einfach ausse vir.

Dofir hu mir an der Kommissioun och scho gesot, mir hätten eigentlech gär, dass hei zumindest en Zeeche gesat gëtt an en Deel vun de Plus-valuen de Gemengen zegutt kënnt. Dofir hätte mir och gär eng Ännerung an dësem Gesetz.

Ech hunn och en Amendement preparéiert, deen dat dann ennermaueren soll, wou mer den Article unique vum Gesetz an deem Sënn ëmännere géifen, datt mer beim Fonds des routes zwou Milliarden ewechhuele géifen an en neie Passus „Alimentation du Fonds communal de dotation financière“ dobäisetzen an zwou Milliarden do asetzen géifen. Lo sot Der mer natierlech: Dat ass einfach, Dir huet einfach zwou Milliarden am Fonds des routes ewech, déi Suen, déi dohinne geparkt gi sinn, déi sinn jo och fir Ausgaben, déi op eis zoukommen. Dozou wëll ech lech éischstens soen, datt, wa mir déi zwou Milliarden do ewechhuelen, dat net nëmme domadder ze dinn huet, datt mir souwisou eng Rei Stroossebauprojeten, déi iwwert de Fonds des routes finanzéiert gi sollen, a Fro stellen, mä dann huet dat

souguer domadder ze dinn – menger Meenung no –, datt een iwwert dee Fonds des routes an dësem Parlament en eescht Wiertche schwätze misst.

Ech wéilt drop hiweisen, datt den heitege Budgetsminister a fréiere President vun der Finanzkommissioun, wéi en eng Kéier als Deputéierten an dësem Parlament selwer Rapporteur vum Budget war, relativ vill, a sengem Rapport, iwwert déi ontransparent Aart a Weis, wéi mat de Gelder am Fonds des routes ëmgaange gëtt, geschriwwen huet, an och gutt Saache geschriwwen huet. Mir hätte gär als Gréng, dass dat mol endlech diskutéiert gëtt.

Ech muss lech nämlech soen, wéi mer viru kuerzem an der Commission de contrôle de l'exécution budgétaire déi zoustänneg Verwaltung do setzen haten an en Tableau iwwert déi grouss Investitiounsprojeten vun deenen nächste Joren engersäits vun de Bâtiments publics presentéiert kritt hunn, deen Tableau relativ transparent war. Et konnt ee genau novollzéien, unhand vun deem Tableau, wat gestëmmt ginn ass vun der Chamber, wéi de Projet evoluéiert huet, wou déi Dépassementer hierkommen – ouni elo mol e Wäerturteil ofzeginn, ob een do derfir oder dergéint ass, oder ob een dat richteg oder falsch fënnt. Et war och fir déi betreffend Kommissioun relativ einfach, Décisiounen oder Suggestiounen auszuschwätzen un d'Adress vun der Bauteministesch, fir ze kucke, wéi se déi eenzel Dépassementer regulariséiere soll.

Wéi mer dunn awer bei d'Ponts et Chaussées komm sinn, bei d'Ausgabepolitik vum Fonds des routes, ass et awer ganz lëscht a spannend ginn. Net nëmmen haten déi zoustänneg Leit keen Tableau do, fir eis ze presentéieren, mä, op d'Nofro hin, hu mer och nach e relativ konfusen Duerchennee presentéiert kritt, sou am Sënn: „Jo, wësst Der, dat ass schwéier, do kann een net ..., an dat geet an Tranchen, dat ass an Etappen....“ Et war kuerz gesot einfach onméiglech, do wierklech chiffriert nozevollzéien, wéi vill e Projet, d'Nordstrooss zum Beispill, déi lo gebaut gëtt, vum Datum X, wou se decidéiert ginn ass, bis Y, wa se eng Kéier fäerdeg soll sinn, genau kaschte soll. Do huet et da geheescht: „Do kann een nëmmen après coup...“ an: „Do muss ee kucken...“ Et ass gedréit a gekéiert ginn, et war net méiglech. Et huet sech relativ séier erausgestallt, dass effektiv dat eigentlech domadder ze dinn huet, datt – fir eis Begrëffer – do eng Verwaltung, an ech schwätze lo natierlech déi politesch Responsablen un, net d'Beamten, déi jo net politesch responsabel sinn, fir dee Schlamassel, deen do existéiert, mä nëmmen exekutéiere, wat eng Kéier politesch decidéiert ginn ass –, datt effektiv de Fonds des routes souzesoen e Stat am Stat ginn ass. Et ass einfach net méi novollzéibar, wéi do a verschidde Situatiounen Gelder investéiert ginn.

Wann een eenzel Projeten vum Stroossebau kuckt, an ech soen dat lo net am Zesummenhang, dass mir

dogéint waren, mä am Kontext vun der Aart a Weis, wéi se konzipéiert gi sinn, muss ee sech awer Froe stellen. Ech schwätzen nëmmen ee Beispill un, an zwar dat vun der ominöser, bombastescher Bréck, déi viru Miersch scho jorelaang wéi e Symbol an der Landschaft stung. Do kann ee sech awer nëmmen d'Fro stellen, wat dat soll. Souguer wann een eng Nordstrooss, eng Ëmgehungsstrooss vu Miersch wëll, muss ee sech froen, ob dat doten, an der Aart a Weis wéi do gebaut ginn ass, Sënn mécht.

Mir hunn do eis staark Zweifel a mir hu wierklech dee grouss Verdacht, datt iwwer de Fonds des routes wierklech mat de staatleche Gelder geklotzt gëtt. Wann een do d'Moyenen hätt, fir d'Exécution budgétaire méi genau spillen ze loosser, kéint et sinn, dass do nach blo Wonneren op eis zoukéimen. Do kéinte mat Sécherheet vill Gelder agespuert ginn. Mir sinn der Iwwerzeugung, dass een duerchaus hei zwou Milliarde manner an dee Fonds des routes setze kéint, ouni mol iwwerhaapt en decidéierte Projet a Fro ze stellen. Et misst een nëmmen eng transparent Finanzpolitik par rapport zum Fonds des routes spille loosser. Da géife mol vill Blödsinnegkeeten, déi an deem Kontext decidéiert ginn, an Zukunft évitéiert ginn.

Här President, ech wëll domadder deen – eiser Meenung no – absolut berechtigten Amendement hei ofginn an hoffen, dass en zur Ofstëmmung kënnt. Ech wëll och soen, dass mir kee Problem domadder hunn – deen Amendement ass net bei de Statsrot gaangen –, op de Wee vun engem Second vote constitutionnel ze goen, wann et misst sinn, fir dass den Amendement mat ugeholl gëtt. Wann et un där Prozedur scheitert géif, hätte mir kee Problem, dee Wee ze goen. Déi een oder zwee Méint, déi eis doduerch verluer goe géifen, géife jo sécher an deem heite Kontext näischt ophalen. Sollt natierlech deen Amendement do net ugeholl ginn, wäerte mer duebel géint dëst Gesetz stëmmen. Sollt en ugeholl ginn, wäerte mer selbstverständlech trotzdem dergéint stëmmen, well eng ganz Rei aner Investissementer natierlech mat heidra sinn, déi mir deemools net mat gedroen hunn an als Projeten hei an der Chamber net gestëmmt hunn, well mer der Meenung sinn, dass et déi falsch Saachen waren. Déi kënne mer natierlech och net après coup duerch zousätzlech Gelder, déi mer eiser Meenung no weider an de Sand setzen, weider cautionnéieren.

Ech soen lech merci.

**Une voix.-** Très bien!

### **Amendement**

*Texte du projet de loi*

*L'article unique du projet de loi sur l'affectation de l'excédent des recettes de l'exercice 2000 est remplacé par le texte suivant:*

**Article unique.-** *L'excédent des recettes de l'exercice budgétaire 2000 est affecté, à charge de cet exercice*

*budgétaire, au financement des dépenses des fonds spéciaux ci-après:*

- *Fonds pour la coopération au développement (article 01.7.93.000) + 1.008.497.500 francs*
- *Fonds pour le service de la dette publique: amortissements (article 06.0.91.005) + 1.008.497.500 francs*
- *Fonds pour l'emploi (article 16.4.93.001) + 504.248.750 francs*
- *Fonds pour les monuments historiques (article 32.0.93.000) + 403.399.000 francs*
- *Fonds pour la gestion de l'eau (article 39.1.93.000) + 504.248.750 francs*
- *Fonds pour le financement des infrastructures sociofamiliales (article 42.0.93.000) + 403.399.000 francs*
- *Fonds pour les investissements hospitaliers (article 44.0.93.000) + 5.042.487.500 francs*
- *Fonds pour la protection de l'environnement (article 45.0.93.000) + 100.849.750 francs*
- *Fonds des routes (article 52.1.93.000) + 5.059.482.500 francs*
- *Fonds d'investissements publics administratifs (article 52.3.93.000) + 8.067.980.000 francs*
- *Fonds d'investissements scolaires (article 52.3.93.001) + 1.512.746.250 francs*
- *Fonds pour la loi de garantie (article 52.3.93.003) + 2.016.995.000 francs*
- *Fonds du rail (article 53.0.93.000) + 2.622.093.500 francs*
- *Fonds des raccordements ferroviaires internationaux (article 53.0.93.001) + 403.399.000 francs*
- *Alimentation du Fonds communal de dotation financière (article 09.1.93.000) + 2.000.000.000 francs*

(s.) *François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagner.*

**M. le Président.-** Als nächste Riedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ënnert dem Motto: „On n'est jamais si bien servi que par soi-même“, beschenkt sech d'Regierung elo selwer a léisst sech dat Geschenk nach just duerch d'Chamber an deen entspreche Pabeier awéckelen.

Iwwer 30 Milliarden aus de Budgetswwerschëss vum Joer 2000 ginn elo a Statsfonge gestach, Gelder, déi an deem entspreche Budget net virkomm sinn, well se

och net opgestallt gi waren an dofir och net an der Chamber schonn deemools konnten ofgestëmmt an diskutéiert ginn.

De gestëmmte Budget aus deem Joer hat am uerdentlechen Deel een Iwwerschoss vun 9,1% ongeféier. Dat realt Resultat ass, dass dat sech verduebelt huet, dat heescht, et ass ee Budgetswwerschoss do aus dem Joer 2000 vun 18%.

Wa vun Ufank un esou e Budget opgestallt gi wär, mat esou engem Ausmooss vun Iwwerschoss am uerdentlechen Deel, da wär dat weder am Inland nach am Ausland verstane ginn. Et gëtt gesot, dat Resultat ass duerch dat gutt Wirtschaftswuesstum ervirgeruff ginn, awer Wirtschaftswuesstum vollzitt sech net an de Regierungsservicer mä an de Betriber, an déi sinn normalerweis an de Gemengen. Bei dëser Schenkungsaktioun kréie si awer näischt of.

De Fonds communal de dotations financières, dee kritt näischt, an dat scho säit Joren. Ech mengen, souguer vun Ufank un net. Dobäi sinn awer och d'Gemengen duerch e grouse Wirtschaftswuesstum belaaht. D'Bevölkerung verlaangt méi Liewensqualitéit. Si verlaangt, dass d'Infrastrukturen ausgeweit ginn, dass d'Waasserversuergung oprechterhale gëtt, besonnesch wann d'Awunnerzuel klëmmt, dass de Waasserdrock och richtig ass. D'Betriber verlaangen hir Waasserbeliwwerung an och d'Ofwaasser muss ofgefuert a gekläert ginn. D'Offallbesäitegung muss vun de Gemengen organiséiert ginn. Derniewent muss se Crèche a Schoule bauen. Dat heescht, e grouse Wirtschaftswuesstum belaaht d'Gemengen an engem Ausmooss, deen et noutwendeg mécht, dass si och un dem Resultat vun deem Wirtschaftswuesstum bedeelegt ginn.

Et ass ugeschwat ginn ee Reservefong, deen eventuell do kënnt gebillt ginn, mä et existéiert awer scho länger Zäit e Fonds communal de péréquation conjuncturelle. An dee Fong hunn d'Gemenge während Joren abezuelt. Et sinn elo 40 Milliounen Euro do dran. Déi si blockéiert. All Joers kommen Zësen derbäi vun 72 Milliounen eiser Frang oder 1,8 Milliounen Euro. D'Gemengen, déi kënnen hiren Deel doran eréischt erauskréien, wa se am uerdentlechen Deel vum Budget net méi am Gläichgewicht sinn.

Den Innenminister, deen acceptéiert awer keen ongläichgewiichtege uerdentlechen Deel vum Budget, folglech kritt ee keng Suen eraus a folglech bleiwen déi éiweg dora blockéiert, wann net een anere Mechanismus fonnt gëtt, fir dass d'Gemengen endlech zu deene Sue kommen.

Ech gesinn, dass een och aner Weeër ka goen, ënner anerem een, dee vläicht méi direkt ass, mat deem Amendement, deen déi gréng Fraktioun abruecht huet. Deen Amendement fënnt mä vollt Verständnis a meng Ennerstëtzung.

Währenddeem also d'Ausgaben, déi virgesi sinn an deenen Investéierungsfongen, schonn ofgedeckt sinn duerch déi verschidden Zoustellungen, déi gemaach gi sinn am Laf vun der Zäit, an déi elo nach derbäikomme bis un d'Enn 2004, sinn d'Gemenge forcéiert, an deenen nächste Jore verstärkt Emprunten opzehuelen.

Dat ass eng ongesond Situatioun. Et muss absolut derfir gesuergt ginn, dass d'Gemegefinanzen an déi vum Stat net esou ausenaner driften, dass herno an engem räiche Stat mer ëmmer méi aarm Gemengen hunn.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här Jeannot Krecké.

**M. Jeannot Krecké (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, somme toute hunn ech politesch zu dësem Projet näischt Extraes bäizedroen. Ech ka mech do deem ralliéieren, wat den Alex Bodry gesot huet iwwert der Regierung hir Aschätzung vun de Recetten.

Ech hat déi leschte Kéier unhand vu Beispiller gewisen, dass mer net kënnen d'accord si mat enger däraarterger Aschätzung. Ech hat och Chiffren ee Moment genannt, an déi Chiffren hu mer probéiert ze klären. Ech wollt dem Budgetminister awer och virschloen, iwwer e puer Saachen nozedenken an da mat der Chamber awer en anere Konsens ze fanne wéi deen, dee mer elo hunn. Ech soen dat a mengem perséinlechen Numm, well mer an der Kommissioun vun der Exécution budgétaire elo net driwwer geschwat hunn. Ech wëll dat awer do eng Kéier virschloen.

Mir hunn de Fait, dass mer d'Prozedur néierens ageschriwwen hunn, wéi mer virgi mat de Plus-valuen. Et ass e politesche Wëllen op alle Bänke gewiescht, fir dat iwwer esou e Gesetz ze maachen. Ech stellen awer elo fest, zu welleche Problemer dat gefouert huet, an ech gesinn nach net richtig, wéi opgrond vum Kontabilitéitsgesetz mer deene Problemer kënnen aus dem Wee goen.

Wat maache mer hei? Mir huele per Gesetz Kenntnis vun Excédents de recettes, Excédents de dépenses aus dem Joer 2000, elo si mer Enn 2001, a mir affektéiere se u sech enger Dépense, wann een esou wëllt, am Budget, doduerch dass se affektéiert ginn an e Fong. Dat ass, wat de Budget ubelaangt, quasi eng supplementar Dotatioun – Dir nennt dat jo och esou –, wat also eng Dépense ass. Et ass ënnert dem Kapitel vun den Dépensen ze kucken.

Dat ass u sech e bësse komesch, well jo u sech d'Clôture vum Exercice Enn Mäerz soll virgeholl ginn. Mir hunn eis iwwregens an dësem Projet, an dat ass mir eréischt herno opgefall, a sech keng Dérogatioun ginn, fir esou iwwerhaupt kënnen virzegoen. Ech froe mech, ob mer dat net souguer hätte misse maachen.

Ass et net méiglech, Folgendes virzegesinn? Hei handelt et sech jo einfach drëm, dass am Laf vum Joer festgestallt gëtt, elo bewusst oder onbewusst, dass eng falsch Aschätzung war an et komme méi Recetten era wéi virgesinn.

Ech probéieren et elo op eng ganz sachlech technokratesch Aart a Weis ze gesinn. Ech froe mech, Här Minister, ob et net méiglech wier, dass Dir beim Budget selwer am September fir d'Joer 2003, dat heescht d'nächst Joer, e Plus-values-Gesetz vum Joer 2002 dohinner leet, dat heescht, dass mer um Enn vum Joer e Redressement kënnen virhuele vun den Aschätzungen an e Redressement och vun den diesbezüglichen Dépensen oder Affektatiounen, Dotatiounen, wéi Der et wëllt nennen, op déi eenzel Fongen.

Den Ofschloss vum Exercice géing esou reflektéieren, wat wierklech do geschitt ass. Ech weess, et géing guer kee Frang änneren op där enger oder anerer Säit, mä mir hunn elo déi relativ verréckte Situatioun, an d'Cour des Comptes huet an hirem Avis iwwert d'Konte vun 1999 jo dorop higewisen, dass een 1998 am Fong geholl fir d'Lescht ee Joer hat, wou een u sech de Budget en équilibre hat a Kohärenz mat den Affektatiounen vun de Fongen. Dat, wat mer elo hunn, déi Chiffren, déi ech lech d'leschte Kéier genannt hunn, komme jo e bëssen aus där Prozedur eraus, dass een elo op där enger Säit Recetten an Dépensen am Budget huet, an d'Affektatiounen op Fongen sinn net méiglech gewiescht a sinn eréischt dat Joer derno, wéi mer dat unhand vun deene Chiffre konnte gesinn.

Kënnt Dir lech net mat enger däraarterger Démarche ufrënden? Dat géing eis vill Suergen erspueren, well am Kader vum Kontabilitéitsgesetz, esou wéi mir et haut hunn, wier et méi richtig, fir et esou ze maachen. Et kéim nach ee klengen Ennerscheid herno, mä dee géing d'Saach net aus dem Equilibre bréngen.

A défaut muss ech lech soen, war déi éischt Optioun, un déi ech geduecht hat, folgend: Ze soen, dass mer an Zukunft d'Plus-values-Gesetz ëmmer an deem Joer duerno hunn, wéi mer et elo maachen, mä nodeem mer d'Konten arrétéiert hunn. Mir géingen d'Konten arrétéieren, d'Plus-values-Gesetz stëmmen a mir géinge ganz einfach fueren, wéi et an der Kontabilitéit ass, Här Minister. Ech weess, dass dat enger Regierung méi Schwierigkeete schaaft, well u sech, wat ass deen Excédent, dee mer haut hunn, iwwer dee mer schwätzen, déi 30 Milliarden? Dat ass u sech eng Zort Benefiss, wann een esou wëllt, déi ee Betrib huet.

A wat mécht e Betrib? Deen hält se eriwuer an dat Joer duerno an e gëtt doduerch eventuell méi aus, esou wéi mir dat dann och hei géinge maachen, well de facto schwätze mer hei iwwer Dépensen, dat soen ech lech, déi u sech reell misse sinn an am Gesetz steet effektiv, or, si sinn net effektiv, well d'Clôture vum Joer war den 31. Mäerz d'Joer 2001. Fir erauszekommen ass meng éischt Propositioun déi, déi am kloersten eng Äntwert géing drop ginn. A défaut misst een et soss maachen, esou wéi ech et a menger zweeter Hypothese dohigestallt hunn, nämlech dass een higeet, fir d'éischt d'Konten



ofschléisst an näischt méi dorun ännert, an dann higeet an d'Plus-values-Gesetz stëmmt, mä et dann op dat Joer duerno als Report à nouveau eragëtt.

Dat bréngt natierlech mat sech, dass een op eemol eng Kéier e rise Benefiss kann hunn, esou wéi den Här Minister och iwwermuer e risen Defizit kënnt eng Kéier iwwert dee Wee kréien. Fir dat ze évitieren, wier déi éischt Prozedur wahrscheinlech déi bescht. Et géing méi en transparent Bild ginn, well et mech e bësse stéiert, dass mer zu dësem Abléck Dépensen décidieren, déi mer hätte sollen tätigen am Exercice-Joer 2000. Et ass jo awer net esou. Mir décidieren et eréischt haut. Si sinn och net getätégt ginn an deem Mooss. Dofir stéiert dat Ganzt mech e bëssen, Här Minister, an ech wär frou, wann Dir mir dorop kéint eng Äntwert ginn, wat eng reng technesch Fro ass, ech gestinn et an, an net eng politesch Fro.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Budgetsminister Luc Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Inhalt vun dësem Gesetzesprojet ass fir d'Regierung e Moment vu grousser Satisfaktioun. De Fait, dass mer am Joer 2000 vill méi Einnahmen hate wéi Dépensen, ass d'Resultat vun enger gudder wirtschaftlecher Lag a vun enger richteger Politik.

Ech soen nach eng Kéier, dass déi Politik, déi mer fir d'Betriber hei am Land gemaach hunn, hinnen erméiglecht huet, Benefisser ze maachen, well do gi Steiere bezuelt, notamment op der Finanzplaz. Déi Politik huet sech bewäert. D'Ekonomie ass am Joer 2000 méi geklomm, wéi dat international an och hei heem ugeholl gi war. Doriwwer solle mer eis och net bekloen.

Dofir muss ech soen, dass ech am Fong frou sinn, dass d'Joer 2000 mat esou engem gudden Resultat ofgeschloss huet. All Betriibschef géing sech freeën, wann e kënnt esou e Resultat vun engem Joer virleeën, an engem Budgetsminister geet et hei d'selwecht wéi engem Finanzchef vun engem Betrib. Ech hunn d'lescht Woch um Mëttegiessie vun de Finanzministere zu Bréissel gesot, dass ech dës Woch an der Chamber misst iwwer e Gesetz débattiere loossen, wat iwwert den Iwwerschoss vun den Einnahmen vum Joer 2000 géing befannen. Si hu mech alleguer fir déi Situatioun beneit.

Ech muss soen, mir sollen eis gemeinsam freeën, dass mer an deem Joer méi Einnahmen haben, an dass mer domat kënnen d'Liewensqualitéit vun de Leit hei am Land mat deene Sue verbessern. Dofir baue mer bekannterweis déi Infrastrukturen, an déi déi Suen eraginn.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass mer versichen, d'Einnahme richteg anzuschätzen. Dass dat e schwierigen Exercice ass, hunn ech a menger Budgetsried gesot. En ass ëmsou méi schwierig fir d'nächst Joer, well mer do d'Steierreform hunn an eng

méi lues goend Ekonomie. Och do hu mer versicht, dat éierlech a gutt ze maachen, mä all Suggestioun ass ëmmer wëllkomm.

Ech kommen och d'nächst Joer erëm gären an d'Finanzkommissioun mat der Steierverwaltung, an da kann all Deputéierte seng Aschätzung vun de Recettë maachen. Wann dann ee fir dat Joer derno se besser ageschat huet wéi deen aneren, hunn ech och kee Problem ze soen, dass dee Recht hat an deen aneren Onrecht. Mech freet d'Resultat, dass et hei e bessert Resultat ass wéi dat, wat mer geduecht haben a mer domat kënnen eng ganz Rei nei Saache bauen.

Am Kontext vum Bauen oder vun Engagementer vum Stat, wëll ech och zrëckkommen op déi Fro, déi den Här Weiler hei gestallt huet, nämlech, ob een net kënnt méi schnell de Gemengen dat bezuelen, wou de Stat Engagementer geholl huet, zum Beispill bei Primärschoulen oder Gemengeweeër.

Ech menge schonn eng Kéier an der Chamber derzou Stellung geholl gehat ze hunn, nämlech an deem Sënn, dass am Summer, wéi mer de Budget opgestallt hunn, ech déi eenzel Ministere gefrot gehat, aus deenen hiren Departementer esou Engagementer un d'Gemeenge gemaach gi sinn – et trëfft virun allem den Innenminister mä och zum Beispill d'Kulturministerin –, dass si mer sollte soen, wat fir eng Suen nach géingen opstoen. Si hu mer du gesot, dass de Gros vun deem bezuelt gi wär, mä ech wëll hei nach eng Kéier soen, dass ech bereet sinn och elo, och an dëser Woch, an der nächster Woch oder am Januar, opgrond vum lafende Budget méi schnell de Gemengen dat ze bezuelen, wat nach aussteet, wou de Stat Engagementer geholl huet, wéi zum Beispill bei enger Regionalschoul, wou en d'Halschent bezillt oder esou Saachen.

Dofir ruffen ech nach eng Kéier d'Ministere op, mir esou Fäll ze signalieren. Och d'Deputéierte kënne mer esou Fäll viruleeden. Ech si bereet fir en Depassement vum Kredit, well dat jo och hei an der Ried, notamment vun engem vun de Spriecher virdru gesot ginn ass, dass och si kee Problem hätten, dass een do eng Kapitaldépense géing iwwerschreiden.

Ech muss soen, do wou de Stat Engagementer geholl huet, sinn ech d'accord, dass d'Gemengen hir Sue séier solle kréien an ech proposieren, dass ee mir déi signaléiert, wou de Stat en Engagement geholl huet mä nach net bezuelt huet; da kucken ech, dass mer dat esou schnell wéi méiglech am Ufank vum neie Joer kënne bezuelen. Domat hunn ech kee Problem, well ech hunn dat am Summer op d'mannst am Regierungsrat gesot gehat, an dofir wëll ech déi Fro an deem Sënn beäntweren.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).** - Här Minister just eng kleng Bemierkung dozou. Et gëtt niewent dem Problem vun der Schnelligkeet vum Bezuele vun de Subside virun allem och de Problem, dass mer eenzel Saachen iwwerhaapt net subventionéiert kréien, wou mir eis

d'Fro stellen, firwat. Grondlegend Moderniséierung missten och ënnert de Subventionnement falen.

Weider gëllt et relativ schnell dat, wat vun der Regierung ugekënnegt ginn ass, ze realiséieren. Sou muss d'Erhéijung vun den Taux de subventionnement fir Schoulen an d'Praxis ëmgesat ginn. Do läit eng formell Verflichtung vum Statsminister zënter enger Rei vu Méint vir, mä mir hunn awer zënter hier näischt Neies méi héieren.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.**- Den Här Di Bartolomeo weess ganz gutt, dass en hei elo vun zwou verschiddene Saache geschwat huet. Ech hu mech op déi Texter baséiert, déi virleien, wou Engagementer gemaach gi sinn. Do wou de Minister op Grond vu Gesetzestexter Engagementer vis-à-vis vun de Gemenge geholl huet, hunn ech als Budgetsminister gesot, dass ech bereet sinn, Kreditdépassementer virzehuelen, fir dass déi Engagementer kënnen esou schnell wéi méiglech bezuelt ginn un déi Gemengen, well déi Gemengen hu jo domadder och Ausgaben oder Virfinanzéierung gemaach, fir dass déi déi Sue kënnen zrëckkréien.

Wat déi aner Froen ubelaangt iwwert d'Modalitéiten, do wou nach musse Reglementer geholl ginn, voire souguer nach heiansdo Gesetzer musse gemaach ginn, dat ass eng aner Fro, déi ech heimat net ugeschnidden hunn, mä do wou d'Regierung gesot huet, dass se géing de Gemengen entgéintkommen, och an der leschter Erklärung zur Lag vun der Natioun de Statsminister, un deenen Texter schaffe mer, fir déi Modalitéiten auszuschaffen. Dat sinn notament déi am Kontext vun der Erweiderung vu Bauflächen, déi zu neie Käschte féieren, zum Beispill am Schoulberäich. Dorunner ass d'Regierung amgaang ze schaffen, mä et ass net esou liicht fir déi Texter zu Pabeier ze bréngen.

Wat déi technesch Propositione vum Här Krecké ubelaangt, esou géing ech den Här Krecké ëm Verständnis bidden, dass ech mer déi fir d'éischt wëll intensiv iwwerleeën an dass mer doriwwer eng Kéier kënnen an der Finanzkommissioun diskutéieren. Ech weess net, ob ech se alleguer am leschten Detail verstanen hunn. Eent ass kloer, dass wa mer bis am nächste Joer dat neit Kontabilitéitsgesetz richteg, och mat den Delaien, exekutéieren, dass mer dann och éischter kënnen de Kont ofschléissen, also och éischter wëssen am Detail, wi vill, le cas échéant, Iwwerschëss do sinn an dass mer dann och an där Prozedur hei méi eng satisfaisant Solutioun fannen, mä wéi gesot, fir de Rescht kucken ech mer gären Är Propositionen un an da kënnen mer eng Kéier an der Finanzkommissioun, oder an der Commissioun vun der Budgetskontroll doriwwer diskutéieren.

Fir elo wollt ech am Numm vun der Regierung dem Rapporteur, dem Här Weiler, merci soe fir dëse Projet de loi an ech wier frou, wann de Projet géif eng Zoustëmmung fannen, well, wéi gesot, déi Sue gi

gebraucht fir Projeten, déi Dir zu engem fréiere Moment schonn hei an der Chamber gestëmmt hutt, fäerdeg ze finanzéieren an och ze bauen. Dofir wier et am Fong logesch, wann Der déi Projete gestëmmt hutt, dass Der och dëst Gesetz géingt stëmmen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.**- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vum Article unique vum Projet de loi 4826 a mir stëmmen driwwer of.

### Lecture du texte du projet de loi

Den Article unique ass gelies.

Mir hunn en Amendement zu deem Artikel vum Här Bausch, dee virgesäit, dass den Tiret „Fonds des routes“, deen elo mat siwe Milliarden dotéiert ass, erofgesat gëtt ëm zwou Milliarden an zum Schluss kënn en Tiret bei „Alimentation du Fonds communal de dotation financière“.

Deen Amendement ass explizéiert ginn an ech mengen, mir kënnten direkt driwwer ofstëmmen.

### Vote

Déi fir den Amendement si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

Den Amendement ass mat 47 Stëmme géint sechs a siwen Abstentioune verworfen.

*Ont voté oui:* MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.

*M. Aloyse Bisdorff.*

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par Mme Nelly Stein), Lucien Weiler et Claude Wiseler.

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Xavier Bettel) et Théo Stendebach (par M. Alexandre Krieps).*

*MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*Se sont abstenus:* MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Den Här Gibéryen freet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).**- Här President, ech wollt just eis Abstentioun motivéieren. Mir waren averstane mat der Proposition am Amendement vun deene Gréngen,

dass soll e Fong fir d'Gemenge geschaaft ginn, mä mir konnten awer net domat averstane sinn, dass domat de Fong vum Stroossebau soll gekierzt ginn.

**M. le Président.-** Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung iwwert dee virleiende Projet de loi, esou wéi e vun der Kommissioun an duerch de Rapporteur, den Här Weiler, hei virgedroen ginn ass.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir de Projet si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

De Projet de loi 4826 ass mat 34 Stëmmen géint 26 ugeholl.

*Ont voté oui:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par Mme Nelly Stein), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler et Claude Wiseler.

*Mme Simone Beissel (par M. Marco Schroell), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Claude Meisch) et Théo Stendebach (par M. Alexandre Krieps).*

*Ont voté non:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*M. Aloyse Bisdorff.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir stëmmen elo of iwwert d'Motioun 1 vum Här Gast Gibéryen.

**Vote**

Déi fir d'Motioun 1 si stëmmen mat Jo, déi aner mat Neen oder enthale sech.

D'Motioun ass mat 34 Stëmmen géint 26 verworf.

*Ont voté oui:* MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme

*Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.*

*MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*M. Aloyse Bisdorff.*

*Ont voté non:* MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par M. Ady Jung), Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer (par Mme Nelly Stein), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen (par M. Norbert Hauptert), Lucien Weiler et Claude Wiseler.

*Mme Simone Beissel (par M. Claude Meisch), MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas (par M. Emile Calmes), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer (par M. Jeannot Belling) et Théo Stendebach (par M. Paul Helminger).*

Mir kommen elo zum Projet de loi 4785, e Protokoll iwwert d'Bekämpfung vun der Geldfälschung.

Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Klein, Bettel, Henckes a Bisdorff.

D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Patrick Santer.

## 5. Projet de loi 4785 portant

### 1. approbation de la Convention internationale pour la répression du faux-monnayage ainsi que du Protocole y relatif, signés à Genève en date du 20 avril 1929;

### 2. modification de certaines dispositions du code pénal et du code d'instruction criminelle

#### Rapport de la Commission juridique

**M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den 1. Januar 2002 ginn d'Eurobilljeeën an d'Euromünzen an zwielef Länner aus der Europäescher Unioun offiziell an Ëmlaf bruecht.

Vum 28. Februar 2002 un ersetzt den Euro definitiv de Lëtzebuerger Frang als Währungsunitéit. De Passage zum Euro bréngt eng Partie Risiko mat sech, an dat um Niveau vun der Kriminalitéit: D'Wäisswäsche vu Suen, Infraktiounen mat Gewaltuwendung asw.